



# SÉANCE 36

MERCREDI,  
8 JUIN 2011

Présidence: M. Laurent Mosar, Président

## Sommaire

- 6214 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité du Médiateur (2009-2010)
  - Exposé: M. Camille Gira
  - Débat: M. Félix Eischen, M. Eugène Berger, M. Marc Angel, M. Jacques-Yves Henckes
  - M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration, M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale, Mme Octavie Modert, Ministre à la Simplification administrative auprès du Premier Ministre
- Motion de M. Camille Gira sur le refus de la clause de confidentialité dans le cadre des droits d'émissions négociés dans le cadre du Protocole de Kyoto
  - Exposé: M. Camille Gira
  - Discussion générale: M. Marc Spautz, M. Eugène Berger, M. Gast Gibéryen
  - M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
  - Vote sur la motion (rejetée)
- 6213 - Projet de loi portant certaines modalités d'application et sanction du règlement (CE) n°1221/2009 du Parlement européen et du Conseil du 25 novembre 2009 concernant la participation volontaire des organisations à un système communautaire de management environnemental et d'audit (EMAS), abrogeant le règlement (CE) n°761/2001 et les décisions de la Commission 2001/681/CE et 2006/193/CE
  - Rapport de la Commission du Développement durable: M. Marcel Oberweis
  - Discussion générale: M. Camille Gira
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6241 - Projet de loi portant exécution et sanction du règlement (CE) n°1005/2009 du Parlement européen et du Conseil du 16 septembre 2009 relatif à des substances qui appauvrissent la couche d'ozone
  - Rapport de la Commission du Développement durable: M. Marcel Oberweis
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6242 - Projet de loi portant exécution et sanction de certains règlements communautaires relatifs aux installations contenant certains gaz à effet de serre fluorés
  - Rapport de la Commission du Développement durable: M. Marcel Oberweis
  - M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6274 - Projet de loi portant approbation d'amendements au texte et aux Annexes I, II, III, IV, VI et VIII du Protocole à la Convention sur la pollution atmosphérique transfrontière à longue distance, relatif aux polluants organiques persistants, signé à Aarhus, le 24 juin 1998, adoptés par les Parties le 18 décembre 2009 par Décisions 2009/1 et 2009/2 à l'occasion de la 27<sup>e</sup> session de l'Organe exécutif, tenue à Genève du 14 au 18 décembre 2009
  - Rapport de la Commission du Développement durable: M. Marcel Oberweis
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Mars Di Bartolomeo, Claude Wiseler, Nicolas Schmit, Mme Octavie Modert et M. Marco Schank, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Als éischte Punkt vun eisem Ordre du jour hu mer de Mëtteg eng Orientéierungsdebatt iwwert de Rapport d'activité vum Ombudsmann. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Eischen, Berger, Angel an Henckes. Als Éischt héiere mer elo den Här Camille Gira als Vertrieeder vun der Petitiounskommissioun, déi dës Orientéierungsdebatt ugefrot huet. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

### 1. 6214 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité du Médiateur (2009-2010)

Exposé

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Zäit vergeet ganz séier. De Joresrapport, deen de Médiateur de 27. Oktober 2010 an dëser Chamber déposéiert an och öffentlech virgestallt huet, ass schonn deen zweetleschte vu senger aachtjähreger Amtszeit. Am Hierscht wäerte mer dee leschte kréien.

Ech wëll beileiwen net elo schonn e Bilan iwwert déi aacht Joer Aféierung vun dëser neier Funktioun an eisem staatleche Gefüge maachen. Mä ech mengen, Dir sidd mat mer d'accord, dass ech awer elo scho feststellen, dass et dem Här Fischbach gelongen ass, dës Institution zu enger onëmgängelecher Institution an eisem Land ze maachen. An ech mengen, et ka

kee sech méi virstelle vun där Institution, déi awer am Virfeld relativ vill contestéiert war vu lénks a vu riets, dass déi net méi do wär.

Gradesou normal, mengen ech, ass et ginn, dass mir eis als Chamber, well jo och dës Institution eng Institution vun der Chamber ass, eemol d'Joer mat dem Rapport vum Médiateur, mä generell och mat senger Aarbecht befaassen. An dat maache mer haut.

Ouni elo schonn an den Detail ze goen, kann ee feststellen, dass ee ka soen, dass ëmmer erëm, wann de Médiateur säi Rapport virstellt, ee feststellt, dass en eigentlech ganz ënnerschiddlech Themen opwërf. Déi eng, dat sinn der, vun deene kaum een an der Gesellschaft schwätzt, well et Problemer sinn, mat deene Minoritéite vu Leit beschäftegt sinn, Leit, déi um Rand vun eiser Gesellschaft sinn, a wou weder an der Press nach an der Öffentlechkeet ganz vill diskutéiert gëtt a wou et awer wichteg ass, dass grad den Ombudsmann mam Fanger op déi Problemer hiweist.

Dat anert sinn dann awer Themen, wou ee mierkt - an dat ass noutgedrungen esou, well d'Leit jo direkt och bei de Médiateur ginn -, dass de Médiateur ganz no um Bols vun der Populatioun ass a matkritt, wat d'Leit dobaussé beweegt, iwwer wat d'Leit diskutéieren ënner sech, an der Famill, um Comptoir - firwat net? -, an dass de Médiateur dann awer och probéiert, a senger Rapporten drop hinzeweisen, dass et och vläicht Zäit gëtt, dass mir hei an der Chamber, oder d'Classe politique allgemeng, eis och mat esou Themen, déi ganz vill vun de Matbirger a Matbirgerinne bewegen, beschäftegen.

Herno, wa mer an den Detail vum Rapport ginn, kënnt Der selwer decidéieren, a wéi eng Kategorie dass Der dann deen een oder deen anere Problem, deen ech wäert soulevéieren, wëllt astufen.

Ech wëilt och ganz am Ufank vu mengem Rapport hei villmools Merci soen, un éischter Stell dem Marc Fischbach fir déi gutt Aarbecht, déi en erëm am leschte Joer gemaach huet. Mä awer och Merci soe fir déi gutt an onkomplizéiert Zesummenaarbecht mat der Petitiounskommissioun un éischter Stell, mä awer och mat der Chamber insgesamt. Dat huet sech arodéiert, dat Verhältnis, an ech mengen, dass jiddwereen dovun profitéiert.

Ech wollt awer och vun der Geleeënheet profitéieren, fir de Kolleegen a Kolleeginnen aus der Petitiounskommissioun Merci ze soen. Et ass jo ëmmer e bësse speziell, wann ee vun der Opposition President vun enger Commissioun ass. A wann en dann och nach ganz eleng aus enger Partei kënnt, dann huet en a priori net schrecklech vill Ralliéierter, fir eng Majoritéit ze fannen. A wann dat dann awer ëmmer erëm gelongen ass, dann huet dat ganz vill mam Versteesdemech vu menge Mataarbechter a Kolleeginnen a Kolleegen aus der Petitiounskommissioun ze dinn.

Duerfir wollt ech och hei emol eng Kéier Merci soe fir déi flott Aart a Weis, wéi mer an dëser dach e bëssen ongewéinlecher Situatioun zesumme kënnen d'Dossiere weiderbréngen.

Schlussendlech wollt ech ganz speziell dëst Joer der Madame Moris vum Greffe villmools Merci soen, net nëmme fir d'Zustanekomme vun dësem Rapport, mä well si eis och elo verléisst a leider net méi fir d'Petitiounskommissioun disponibel ass. E ganz, ganz häerzleche Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an effikass Aart a Weis, wéi eis och vun dëser Säit an der Kommissioun zougesehaft ginn ass.

Ech hunn et scho gesot, de Rapport ass vum Här Fischbach hei de 27. Oktober an der Chamber déposéiert an och virgestallt ginn. Mir hunn eis wéi all Joer, mengen ech, relativ gewëssenhaft mat deenen Aarbechten auserneegesat. Dat kënnt Der doru gesinn, dass mer net manner wéi nëng Sitzungen zesummen an der Petitiounskommissioun haten. Mir haten och zwou Entrevü mam Médiateur, eng méi allgemeng iwwer säi Rapport, mä duerno méi spéit nach eng Kéier eng zu engem spezifische Problem, op deen ech nach wäert zrëckkommen.

Mir haten och net manner wéi véier Memberen aus der Regierung zu Gaascht an eenzelne Sitzungen: eng Kéier den Innenminister, eng Kéier de Santésminister, eng Kéier den Aarbechtsminister an och eng Kéier d'Madame Modert an hiren eenzelne Funktiounen, déi se huet.

Ech hunn et schonn ugedeit, ech mengen, et kann ee soen, dass d'Relatiounen tëschent dem Médiateur an der Chamber insgesamt ganz gutt funktionnéieren. Dir kënnt lech erënneren, dass dat am Ufank e bësse méi schwierig war, bis jiddweree seng Roll fonnt hat, bis och den Interface, wéi een dat an engem moderne Language géif soen, den Interface tëschent där neier Institution an där scho méi aler géif funktionnéieren.

Mä ech mengen, dës Zesummenaarbecht ass gutt arodéiert a fonctionnéiert - wat ech besonnesch och apprécieieren - ganz onbürokratesch, well et wär schlecht, wann eng Institution, déi grad do ass, fir fir e bësse manner Bürokratie am Stat ze suergen, wann déi dann an der Zesummenaarbecht mat der Chamber ganz bürokratesch géif virgoen.

E puer Statistike vläicht, well dat awer ëmmer erëm interessant ass, fir ze soen, dass bal dausend Reklamatiounen beim Médiateur tëschent dem 1. Oktober 2009 an dem 30. September 2010 gelant sinn. Dovu si 700 - also zwee Drëttel - clôturéiert an een Drëttel ass nach ënnerwee. Et muss een och ëmmer erëm betounen, dass tëschent engem Véirel an engem Drëttel vun deene Reklamatiounen, déi bei de Médiateur kommen, guer net begrënt sinn. Da kënnt nach derbäi, dass no engem éischte Gespräch ganz oft de Reklamant sech désistéiert, sou dass dann och scho bal 40% eigentlech sans objet ginn.

Wat dann awer flott ass, ass, dass den Taux vun der Correction, deen de Médiateur erreecht, extrem héich ass. 203 sinn der d'lescht Joer an deem Sënn clôturéiert ginn. Dat weist awer och, dass an Tëschenzäit net nëmme d'Zesummenaarbecht tëschent dem Médiateur an der Chamber ganz gutt ass, mä och mat deenen eenzelne Verwaltungen, wou een och ëmmer erëm spiert, dass d'Verwaltungen am Sënn vum Bierger an der Biergerin wëllen zu Léisunge kommen.

Et sinn eng Rei Ministère a Verwaltungen, déi selbstverständlech méi un éischter Front stinn an och méi predestinéiert sinn, Reklamatiounen ze kréien. Dat ass den Immigrationsministère: Visaen, Päss. Dat ass logesch, dass do eng ganz Rei Leit net zefridde si mat deenen Äntwerten, déi se vläicht do kréien. Och dat heescht net ëmmer, dass déi Leit Recht hunn an hire Reklamatiounen.

Logement a Classes moyennes: Dat ass ganz oft am Zesummenhang mat der Zoudeeling vu soziale Wunnengen. Och eis Administration judiciaire ass mat enger Rei Reklamatiounen befaasst. An da wonnert et een och net, dass de Médiateur och mat relativ ville Reklamatiounen befaasst gëtt iwwert d'Steierverwaltung, d'Enregistrementsverwaltungen, well do natierlech, wann et ëm Geld a Steiere geet, d'Leit ganz oft och onzefridde si mat deem, wat se zougedeelt kréien, mä och net ëmmer Recht hu mat hire Reklamatiounen.

An de Gemenge kann ee soen, dass, wann do Reklamatiounen sinn, et ganz oft ëm d'Bebauung geet, ëm PAPen, PAGen, Baugenehmegungen. An deem Kontext kommen ech herno och do nach eng Kéier dorop zrëck.

Da kéim ech bei d'Recommandatiounen. No deenen 39 Recommendatiounen, déi an deene Jore virdu vum Médiateur publizéiert gi sinn, sinn der an deem leschte Joer véier derbäikomm: eng iwwert d'Méiglechkeet, dass Studenten oder Schüler, déi net zefridde si mam Resultat vun hirem Premières- oder soss engem Examen, sollten eng Kopie kënnen kréie vun hirer Épreuve.

An der Recommendatioun 41 geet et ëm d'Saisine vun der Commission mixte am Fall vu Reclassementen, wou awer ënnerschiddlech Avisé vun den Dokteren do sinn.

An der Nummer 42 geet et ëm eng Structure d'écoute, wa Problemer an de Spideeler oder am Gesondheetssystem och generell optauchen, wou Leit sech léséiert fillen, ganz oft kierperlech am Fall vun Operatiounen an esou weider, a wou et drëm geet, dass de Médiateur seet, et wär sënnavoll, dass een do, ier et zu Gerichtsprozesser och kënnt, vläicht géif drun denken, sief et eng zentral, mä souguer vläicht un enger éischer Stell eng dezentral - an deenen eenzelne Spideeler - Mediationsstruktur opzebauen, wou d'Leit da kënnen eng Ulafstell fannen, fir ze verhandelen tëschent de Spideeler, den Dokteren an de Patienten.

An eng Recommendatioun 43 - dat ass dann déi lescht: dass einfach e Site geschaaft gëtt, en Internetsite, wou et méi einfach ass, d'Jurisprudenz am Ganzen, aus der ganzer Sécurité sociale kënnen fir jiddwereen asiichtbar nozeverfollegen.

Jiddwereen, dee sech eng Kéier mat där Gesetzgebung befaasst huet, jiddwereen, dee mat Aarbechtsrecht ze dinn huet, dee weess, dass dat sécherlech eng vun deene komplizéiertste Matière iwwerhaapt an eiser ganzer Gesellschaft ass. Ëmsou méi wichteg, mengen ech, an ëmsou méi berechtigt ass dem Médiateur säi Virschlag, dass do awer jiddwereen zu all Moment kann op dem leschte Stand der Dinge sinn an déi lescht Jurisprudence kann agesinn, wann et drëm geet, Konflikter och vläicht laanscht d'Gerichter ze regelen.

Dann e grousst Kapitel am schréftleche Rapport, wat ech lech eigentlech awer hei wëilt erspueren, well dat einfach ze wäit géif féieren, dat ass d'Stellungnahm zu deenen eenzelne Commissiounen aus der Chamber, an een, deen déi lescht Rapporten e bëssen intensiv verfolgegt huet, dee mierkt, dass och do souwuel d'Quantitéit vun deem, wat d'Petitiounskommissioun als Äntwert op hire Rondbréif un déi eenzel Commissiounen kritt huet, wéi awer och d'Qualitéit vun deem, wat an deenen eenzelne Commissiounen geschafft ginn ass, wierklech och zougell huet.

Et mierkt een, dass och deen Exercice, deen all Joer jo och gemaach gëtt, wierklech vun de Commissiounen ëmmer méi eescht geholl gëtt: sech ganz am Detail mat eenzelne Recommendatiounen oder soss Problemer, déi de Médiateur a sengem Rapport opwërf, ze beschäftegen. Eleng un der Stéckzel vun de Säiten, déi dat am Rapport anhélt, kënnt Der dat gesinn. Dat geet souguer esou wäit, dass eenzel Kommissiounen sech nieft der Petitiounskommissioun





och nach d'Méi maachen, fir en eenzelne Minister eventuell nach eng Kéier speziell an d'Kommissioun ze ruffen, fir iwwer e spezielle Problem, dee vum Médiateur opgeworf ginn ass, ze diskutéieren.

Ech kann do am Numm vun der Petitiounskommissioun och nëmme villmools Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht mat deenen anere Kommissiounen.

Da maache mir als Petitiounskommissioun niicht dem alljährlechen Débat d'orientation och deen alldeeglechen - wann ech emol esou därfer soen - Suivi vun deenen eppes iwwer 40 Recommandatiounen, déi de Médiateur bis elo eraginn huet. Dat heescht, dass mir regelméisseg kucken, wou mer dru sinn, och Kontakt huele mam Sekretariat vum Médiateur, fir ze kucken, wat de leschte Stand der Dinge ass, eventuell Bréiwer un déi eenzel Ministeren a Ministesche schécken, fir ze kucken, ob Bewegung an d'Spill kéint.

Mir haten d'lescht Joer an enger Motioun och d'Regierung gebieden, ganz speziell, mat speziellem Nodrock hanner eng Rei Recommandatiounen ze goen. Dat waren der eng 15. Och do wéilt ech net an den Detail goen, dat géif ze wäit féieren. Do muss een awer leider feststellen, dass vun deene 15, déi mer opgeworf haten, och e Joer duerno bei néng nach ëmmer näischt eigentlech geschitt ass, oder net gennu.

Bei fënnef ass glécklecherweis eppes geschitt, a bei enger Recommandatioun kann ee feststellen, dass nach driwwer diskutéiert gëtt. Also nach eng Kéier den Appel och hei am Numm vun der Petitiounskommissioun, dass d'Regierung awer mat där néideger Diligence déi opstehend Recommandatiounen nach eng Kéier op de Leescht hält a kuckt, dass mer weiderkommen.

An esou frou mer als Petitiounskommissioun sinn iwwert d'Quantitéit, d'Qualitéit an och d'Vitesse, mat där déi sektoriell Kommissiounen eis op eis Bréiwer äntwerten, sou kloer an däitlech wéll ech awer vun deser Geleeënheet profitéieren, fir eng Kritik auszeüben, well mir kënnen net ëmmer datselwecht vun eenzelne Ministeren a Ministesche soen, déi mer uschreien, fir Informatiounen ze kréien iwwer eenzel Recommandatiounen.

Eng Klammer, déi ech kann opmaachen: Dat ass iwwerregens och de Fall, wat d'Petitiounen ubelaangt. Mir waarden heiandsdo méintelaang op e Bréif am Kontext vun enger Petitioun, deen einfach net méi schwierig ze beäntweren wär wéi eng normal Question parlementaire.

An ech mengen, gradesou wéi mer en Délai hunn, fir dass eenzel Deputéiert op eng Question parlementaire solle geäntwert kréien, wär et vläicht gutt, wann een eng Kéier an d'Chambersreglement eppes géif schreiwen, dass och d'Ministeren oder d'Ministesch, déi vun der Petitiounskommissioun am Kader vun enger Petitioun eng Fro gestallt kritt hunn, dann awer och sollte probéieren, an engem verstännegen Zäitraum eng Äntwert ze ginn. Soss gëtt een op eemol dat Gefill net lass hei als Petitiounskommissioun, mir géifen hei géint eng Wand aus Gummi lafen, an dat ass awer kee ganz gutt Gefill. Do mengen ech, sidd Der mat mer d'accord.

Da wéilt ech, fir ofzeschléissen, zum Schluss vu menger Interventioun nach kuerz op déi dräi Haapt Sujeten agoen, déi mer opgeworf haten, well eis déi wichteg geschéngt hunn, well déi awer och am Rapport - sief et deem schrëftlechen oder deem mündlechen - vum Médiateur eng gewësse Roll gespillt hunn.

Dee Problem, deen de Médiateur scho jorelaang opwërt an deen och dëst Joer erëm ganz wichteg war, dat ass de Reclassement interne oder externe vu Leit, déi krank gi sinn, vu Salariéen, déi krank gi sinn oder accidentéiert.

Mir konnte bei deenen Diskussiounen, déi mer souwuel mat deenen zwee Ministeren - déi och haut hei sinn: Santé an Travail - gefouert hunn, wéi awer och an engem Gespréich duerno mam Médiateur feststellen, dass mer eis op där enger Säit an engem ganz komplizéierte Beräich befannen, dee vun der Législatioun, mä awer och vun der reeller Situatioun hier extrem komplex ass. Mir waren eis awer och allegueren eens, dass mer op där anerer Säit awer och an engem ganz sensibelen Domän sinn.

Leit, déi krank si ginn duerch d'Aarbecht oder soss, oder déi accidentéiert sinn, an dann dee ganze Spielfrutenlauf - wann ech dat emol esou hei därfer soen, ouni elo engem e Virwurf ze maachen. Mä, grad wann een an esou enger Situatioun ass, ass d'Bürokratie, ass vun Dier zu Dier, vun Instanz zu Instanz geschéckt ze ginn,

bréiflech oder souguer physesch, dat ass keng Freed!

An duerfir, mengen ech, ass emol vum Prinzip hier all Remarque, déi de Médiateur mécht, fir dass mer grad Mënschen an esou enger Situatioun net als eng Nummer ugesinn, mä dass mer se als eenzelne mënschleche Fall ugesinn, dass mer alles müssen druleen, dass déi Leit och mënschlech an där Situatioun behandelt ginn.

De Médiateur hat eng ganz Rei vu Saachen opgeworf. Ech hunn an där kuerzer Zäit, déi ech hei zur Verfügung hunn, net d'Méiglechkeet, drop anzugehen. Mir haten, mengen ech, e ganz konstruktivt Gespréich mat deenen zwee Ministeren, déi och ugekënnegt hunn, dass an engem Projet de loi enger ganzer Rei vun Doléances vum Médiateur wäert Rechnung gedroe ginn.

Et bleift awer zum Schluss de Problem, dass de Médiateur seet, dass an engem ganz konkrete Fall, an enger gewëssener Situatioun, wou Leit e Refus vum Reclassement kréien, déi Leit keng Méiglechkeet hunn, juristescht dergéint virzegoen an e Recours ze maachen. An no deem zweete Gespréich mat dem Médiateur huet d'Kommissioun awer d'Recommandatioun ausgeschwätzt, dass déi zwee Ministeren awer nach eng Kéier sollten d'Recommandatioun 38 op de Leescht huelen a kucken, ob se net awer kënnen eng Léisung fannen, fir dësem Avis vum Médiateur Rechnung ze droen.

Deen zweete méi grouse Problem, dee mer opgegraff hunn, war d'Iddi vum Médiateur, fir eng Autosanction am Fall vun engem Netrespekt vun engem Délai vun enger Verwaltung auszuschwätzen. Et muss ee sech bewusst sinn, dass ronn ee Véirel vun alle Reklamatiounen, déi de Médiateur kritt huet, domat ze dinn hunn, dass d'Leit onzefridde si mat der Vitesse, wéi Verwaltungen eenzel Décisiounen oder net Décisiounen huelen.

Et weess een och, wann ee mat de Leit schwätzt, dass d'Leit net verstinn, dass, wann een als Steierzueler eng Woch ze spéit un ass mat sengen Avancen, dass dann automatesch den Extrait vum Computer geschéckt gëtt mat deene puer Euro Steieren, déi ee muss bezuelen, a wann ee selwer awer schonn dräi Joer laang e puer dausend Euro ausstoen huet vun der Steierverwaltung, dass dorobber awer keng Zënse bezuelt ginn; dass dat einfach eng onglécklech Situatioun ass.

De Médiateur hat d'Iddi emol opgeworf, dass mer sollten driwwer nodenken, dass no enger gewësser Zäit - dräi Méint, seet hien - eigentlech eng Autosanction géif kommen, wou d'Leit kéinte beim Friddensrichter akloen, dass, wa se nowiese kënnen, dass se e materiell Schued duerch en Nethuele vun enger Décisioun erlidden hunn, dass se deen och ausbezuelt kréien.

Mir sinn där Iddi nogaangen, hunn och mat der Madame Modert driwwer diskutéiert. Si war net ganz begeeschtert, fir an déi Richtung ze goen, well se der Meenung war, et wär eigentlech de Moment mat deenen dräi Méint, wou ee kéint säi Recht akloen, kee groussen Ënnerschied zu deem, wat elo machbar wär.

Mir waren och mat der Madame Modert d'accord, dass et net esou ganz einfach ass, sech an der Realitéit dat do virzustellen. Mir wären awer frou als Kommissioun, wann déi Iddi do elo net am Tirang géif verschwannen. A mir haten eigentlech eng Propos gemaach, déi och nach ee Moment sollt an enger Motioun haut déposéiert ginn, wou awer herno aus verschiddeenen Ursachen d'Majoritéitsparteien net méi d'accord waren.

Mä d'Fro stellt sech, ob een dat do net zum Beispill an engem Gesetz kéint verankeren an dat emol duerchspillen. Mir denken un d'Zréckbezuale vun der TVA, mir denken eventuell och u Primen am Environnement. Wann ee weess, dass fir e Passivhaus Leit 30.000 bis 40.000 Euro Primé kënnen kréien, a wann ee weess, wéi enk dass d'Leit haut op der Bank müssen hir Prêt par rapport zu hire Revenuen agencéieren, dann ass dat schonn eng relativ Katastroph, wann eng jonk Famill annerhaleft Joer, zwee Joer muss op 30.000 bis 40.000 Euro waarden.

An da wär et vläicht eng Iddi, dass mer an engem vun deene Gesetzter, an engem vun deene Règlement-grand-ducalen, wou ganz kloer héijer Betrag ausbezuelt ginn, sollte probéieren, ob dat do keng Pist wär, fir där nozegoen. Ech géif proposéieren, dass mer - och, wann hei elo nach kee Konsens konnt fonnt ginn, fir an déi Richtung do konkret ze goen - dat awer nach eng Kéier géifen opgräifen a vläicht a Rou och mat där enger oder där anerer Kommissioun an der Chamber géifen diskutéieren.

Dann dee leschte Punkt, deen ech wollt opwerfen, deen eis awer och ganz vill beschäftigt huet, deen de Médiateur ebe vill beschäftigt huet, dat ass, dass en awer an deem leschte

Joer eng Rei Kéiere vu Leit ugeschwat ginn ass wéinst dem Conflit d'intérêts op Gemengenniveau. Et handelt sech praktesch ëmmer ëm Baulandgeschichten - PAGs-Geschichten, PAPs-Geschichten -, wou Bierger awer dat Gefill net lass si ginn, dass Leit vun hirer Positioun als Conseiller, Schäfte oder Buergermeeschter profitéiert hunn, fir dann awer net nëmme am Intérêt général, mä och am Intérêt privé ze handelen.

Mir haten och do eng konstruktiv Entrevue mam Innenminister. An ouni och hei elo an den Detail ze goen, well déi Zäit hunn ech net méi, vläicht e puer Aspekter awer opgeworf:

Mir hunn op där enger Säit wuel eng relativ kloer juristescht Situatioun. Et ass eng Kéier den Artikel 20 vum Gemeengesetz, dee ganz kloer an däitlech seet, dass een, wann ee selwer en Intérêt huet - oder souguer bis zum drëtten Grad, wat jo relativ wäit geet -, et ganz kloer ass, dass een un esou Délibératiounen op kee Fall därerf mat bedeelegt sinn.

Et gëtt op där anerer Säit och den Artikel 245 vum Code pénal, deen och de Conflit d'intérêts ganz kloer ëmschreift an och seet, wat d'Strofe sinn, wann ee sech net drun hält. Et huet een awer dat Gefill, an dat huet de Médiateur och opgeworf, dass am Innenministère net systematesch genuch Enquête gemaach ginn, wa Bierger reklaméieren, an den Innenminister éischter d'Tendenz hat ze soen: „Ma, da maacht eng Plainte virum Gesetz, an da kucke mer, wat do erauskënn.“

Mir waren eis awer eens - an ech hat dat Gefill, dass den Innenministère dat och agesinn hat -, dass een net all Kéier esou därerf waarden, mä dass et wierklech am Intérêt vun eis alleguerten a virun allem awer och am Intérêt vun de Bierger a Biergerinne misst sinn, dass, wann den Innenminister eng Reklamatioun vu Bierger a Biergerinne kritt, wou och nëmme dee geréngste Verdacht besteet, dass Leit vun hirer Situation politique als Élu profitéiert hunn, fir sech hiert Scheefchen op d'Drèchent ze huelen, dass do den Innenminister misst dréngend de Commissaire de district beoptragen, fir eng Enquête ze maachen, an dass do absolut Transparenz misst erauskommen. Ech mengen, dat kann net anescht sinn!

An deemselwechte Kontext huet d'Petitiounskommissioun dann och erausfonnt, dass an deem do Fall keng Gläichstellung ass vu Leit, déi bestuet sinn, an deenen, déi gepacst sinn. Mir hunn och e Bréif un de Justizminister gemaach, fir Klärung ze bréngen, well mer et och net richtig fannen, dass am Fall, wou Leit bestuet sinn, de Paragraph 20 gëllt bis den drëtten Grad, mä wa Leit gepacst sinn, da soll en net gëllen. Dat fanne mer och eng Ongerechtheet a mir hoffen, dass mer bei enger Reform vum Artikel 20 dat doten och an de Grëff kréien.

Op jidde Fall ware mer eis an der Petitiounskommissioun eens, dass grad an desen Zäiten, wou éischters an alle Gemengen an deenen nächste Jore muss en neie PAG gemaach ginn, wou mer wëssen, dass eng ganz Rei Familljen aus Lëtzebuerg déi Säit d'Grenze wunne ginn oder musse wunne goen, well se net d'Méiglechkeet hunn, hei am Land en Terrain ze kréien, dee se sech kënnen leeschten, dass een do muss duebel an dräifach oppassen, dass Leit, déi d'Chance hunn, an engem Gemeengrot, an engem Schäfferrot ze sinn, net grad an esou Situatiounen och nach profitéieren, fir hiren Terrain iwwer Nuecht duerch de Fait du prince ëm dat Honnertfacht opzewäerten.

Et ass schonn, mengen ech, ëmmer eng heikel Geschicht, deen een Terrain an de Perimeter eranzehuelen, an deen aneren net. Dat ass jo net de Mérite vun deene Leit, dat ass de Fait du prince. Et ass dem Gemengerot fräigestallt, deen do Terrain eranzehuelen, an deen do net.

An da menge mir als Petitiounskommissioun, dass een hëllesch muss oppassen, dass net de Prince deen ass, deen am meeschte vum Fait du prince géif profitéieren. Dat wär grad an dese schwierigen Zäiten, an engem Land, wou Wunnengsnout ass, an engem Land, wou - dat konnte mer haut erëm an der Press liesen - d'Präisser vun de Logementer erëm massiv an d'Luucht gaange sinn, duebel schlëm, wann do och nëmme dee geréngste Verdacht géif opkommen, dass et do net mat rechten Dingen géif zougoen. Ech mengen, dorun huet keen Intérêt. Do musse mer hëllesch oppassen, dass dat net geschitt!

Meng generell Konklusioone wären och an deem do Kontext: Ech mengen, mir hate bis elo d'Chance, dass mer kënnen behaapten, am Verglach vläicht zu eisen Nopeschlänner, dass mer vu gréisserer politescher Skandalen, déi am Kontext vun Interessekonflikter waren, verschount bliwwe sinn. An ech fannen et ëmmer besser, wann ee preventiv un eng Thematik erugeet a wann ee kann zesummen diskutéieren, wann et nach net scho brennt.

Duerfir mengen ech, dass et eis gutt géif zu Gesiicht stoen, wann ee vläicht dat géif maachen, wat viru Kuerzem a Frankräich geschitt ass. Déi hunn et éischter misse maachen, well se an deene leschte Jore mat gréisserer Skandalen konfrontéiert waren; ech erënneren un déi ganz Affär Bettencourt, an esou weider an esou fort. Mä déi hu sech awer zesummesat a se hunn eng Commission de réflexion an d'Liewe geruff gehat, fir iwwert d'Preventioun vun de Conflits d'intérêts ze diskutéieren.

De Rapport vum Här Sauvé steet ënnert dem Titel: «Pour une nouvelle déontologie de la vie publique». Ech hat mer dat e bëssen ugekuckt an ech fannen, dass déi Konklusioonen, déi do drastinn, esou formuléiert sinn an och esou gutt zu eiser Situatioun passen, dass ech lech ofschléissend einfach déi Konklusioone géif virlesen an eis als Chamber wärmstens recommandéieren, eis eng Kéier integral mat där ganzer Problematik ze befaassen, ugefaange bei de Regierungsmemberen iwwert d'Deputéiert, iwwert d'Schäfte a Conseillere, mä awer och héijer Staatsbeamten, och Beamten op Gemengenniveau.

Et wär net schlecht, wa vläicht als Resultat, ähnlech wéi et a Frankräich geduecht ass, e Code de déontologie erauskéim, wou mer niicht ganz kloer juristeschen Texter, déi mer zu engem groussen Deel hunn, awer och esou eppes géifen zu Lëtzebuerg an d'Wee leeden. An ech géif lech ofschléissend dann des Konklusioonen aus deem franséische Rapport, deen een, mengen ech, eent zu eent fir Lëtzebuerg kann iwwerdroen, vläicht virlesen:

«La prévention des conflits d'intérêts dans la vie publique (...) repose sur un équilibre entre des exigences contradictoires: prise en compte des apparences et respect du principe de confiance; transparence et protection de la vie privée; responsabilité individuelle et responsabilité des institutions.

Une telle démarche implique donc d'avoir une vision globale et cohérente de la prévention des conflits d'intérêts, fondée sur une articulation efficace entre des dispositifs préventifs en amont, des mécanismes de gestion des situations de conflits lorsqu'ils interviennent, et des sanctions dissuasives de leur méconnaissance en aval.

Elle implique également de retenir une approche concrète et pragmatique, qui tienne compte de la réalité des fonctions exercées, des intérêts en cause, de leur intensité et de leurs effets potentiels, plutôt qu'une approche abstraite et désincarnée, dont la mécanique implacable serait source de rigidité et d'incompréhensions.

En outre, la prévention des conflits d'intérêts ne peut reposer sur la seule conscience de l'acteur public, quel qu'il soit. Dans un contexte de remise en cause croissante de la légitimité et de l'autorité des institutions, la prévention des conflits d'intérêts participe d'une revitalisation du lien de confiance entre les citoyens et les institutions qui sont à leur service. Elle doit donc s'appuyer sur la responsabilité tant des acteurs publics que des autorités, institutions et administrations dont ils relèvent.»

Merci villmools.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Gira. An als éischte Riedner ass elo den honorabelen Här Félix Eischen agedroen. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

► **M. Félix Eischen (CSV).**- Merci, Här Président. Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt als alleréischst emol dem Camille Gira fir säin detailléierte schrëftlechen a mündleche Rapport villmools Merci soen. Hie mécht des Charge mat grousser Äifer. An ech muss soen, datt mir an der Petitiounskommissioun och iwwert d'Parteigrenzen eraus ganz konstruktiv zesummeschaffen. Merci, wéi gesot, dofir. Dat erlichtert enorm d'Preparatioun och vun der Debatt vun haut.

Dës Debatt iwwert dem Ombudsmann säi Rapport ass jo am Laf vun de leschte Joren zu enger fester Gréisst vum parlamentaresche Joer ginn. An dat, well de Médiateur sech parallel dozou déif an der institutioneller Landschaft zu Lëtzebuerg verankert huet.

Dat ass e Succès, op dee mir roueg kënnen houfreg sinn, zumools wann ee bedenkt, datt et am Ufank dach eng gréisser Skepsis vis-à-vis vun engem Knoutermann ginn ass, deen d'Relatiounen tëscht dem Bierger an den öffentleche Verwaltungen am A sollt behalen. Dës Bedenke konnt de Marc Fischbach awer séier aus dem Wee schafen, well hie bis haut seng Fonctioun mat engem grouse fachleche Wëssen a Kënnen a besonnesch vill Fingerspëtzegefill mécht. An dofir ass den Ombudsmann a seng Equipe hautdësdaags souwuel voll Bierger wéi och bei den Administratiounen bei a ganz akzeptéiert. An dat ass och gutt esou!





Gutt, well dëst eng reell Plus-value fir jiddwer Beträffene bréngt, well dës Institutionen et och erlaabt, an engem ugespaantene Verhältnis - an dat ass et, wann e Bierger ee Problem mat enger Verwaltung huet - ee méi neutralen, objektive Bléck ze hunn, an esou Léisungsvirschléi maache kann, déi net virbelaascht an am Interesse vu jiddwerengem sinn.

An där Virschléi, där mécht de Lëtzebuergeschen Ombudsmann an engem Joer der nawell eng jett. Esou hu sech tëscht dem 1. Oktober 2009 an dem 30. September 2010 net manner wéi 2.500 Leit beim Médiateur iwwer eng Verwaltung beklot. Et sinn am Ganzen 983 Dossieren, vun deenen der 694 konnte gekläert ginn an 289 nach opstinn.

Dat ass, Här President, ee méi wéi respektabele Bilan, zumools wann ee bedenkt, dass den Ombudsmann och net all d'Problemer, déi um Dësch leien, geléist kritt, well se nun eemol net all a säi Kompetenzberäich falen. Zu sengem Kompetenzberäich gehéiert awer, dass hien all Joers ee Rapport iwwer seng Aarbecht veröfentlecht, deen hien dann hei an der Chamber virstellt an zu deem mir eis als Volleksvertreieder duerno sollen äusseren.

Wann ee sech dee Rapport vum Médiateur méi genee ukuckt, dann ass een ëmmer nees iwwert de Volume vun deem Dokument beandrockt a besonnesch och iwwert d'Villfalt un Themen, déi doranner behandelt ginn. Dat ass och dëst Joer net anescht. Et wäert och wuel an den nächste Joren net anescht sinn.

Allerdéngs stellt ee sech all Joer nees d'Fro, wéi eng Sujeten dann elo méi genee ënnert d'Lupp solle geholl ginn, well et jo onméiglech ass, alles ze behandelen. An den Ombudsmann kann dat och net alles esou maachen. An e schreift dat och esou a sengem Rapport. E geet op e puer Punkte méi spezifesch an. Den Ombudsmann sicht sech all kéiers e puer Schwéierpunkten eraus, mat deenen hie sech a senger Introductioun méi genee ausenaner setzt.

Dëst Joer huet en een Thema gewielt, dat méi aktuell ass an dat wierklech öffentlech diskutéiert gehéiert, an zwar d'Fonctionnéiere vun eiser Demokratie. An Zäiten, wou et an ëmmer méi Länner op dëser Welt zu Revolutione fir méi demokratesch Verhältnissen komm ass an nach komme wäert, gi mir hei an Europa - also deem Kontinent, wou d'Demokratie gebuer ass - vill ze vill selbstverständlech dovunner aus, dass bei eis alles riichtleeft, dass mir demokratesch Musterschüler sinn an dowéinst och berechtigt sinn, anere Länner Lektiounen ze ginn.

Et ass richtig, dass eise politesche System, dee sech Demokratie nennt, stabil ass, dass en de Mënsch respektéiert an him Fräiheet, Rechter, Schutz an och e relative Wuelstand bruecht huet, an awer lafen och hei bei eis vill Saache schief. Et gi besonnesch am Alldag elementarsten demokratesch Verhalensregelen net respektéiert, an eben och an der Politik am Stat.

Sécher, de Mënsch ass net perfekt. Hien huet seng Feeler, mécht Saachen, déi sech am Endeffekt als schlecht erausstellen. Dat ass nun eemol esou, mä dat heescht awer nach laang net, dass een dat einfach esou kann akzeptéieren. An dat, Léif Kolleginnen a Kollegen, géllt a ganz besonneschem Mooss fir d'Politik an alles, wat domadder zesummenhängt, also och fir déi staatlech Verwaltungen.

Fir dass d'Demokratie och hei zu Lëtzebuerg weider gutt fonctionnéiert, muss dat Bild, wat se vu sech gëtt, dat fir all Bierger ze gesinn ass, dass beschtméiglecht sinn. An dëst ass fir säin Deel nees net nëmmen (veuillez lire: nees nëmmen) da méiglech, wann déijéineg, déi an der Politik aktiv sinn a fir de Stat schaffen, sech trotz hirem mënschlechen Défaut heiansdo enger Saach bewosst sinn, an dat ass hirer Virbildfunktoun.

Well et sinn un éischter Plaz mir, d'Politiker an d'Beamten, déi d'Gesicht vun der Demokratie sinn. Dofir hängt et och ganz staark vun eise Verhalen of, wéi vill Vertrauen d'Biergerinnen an d'Bierger an d'Demokratie hunn a wéi gutt si am Endeffekt fonctionnéiert. An dat Verhältnis mam Bierger, dass klappert eemol besser an et klappert eemol manner gutt, woubäi et déi manner gutt Aspekter sinn, déi de Leit dobaussen natierlech am meeschten opfalen an un déi se sech och am längste kennen erënneren.

Dofir ass et net vu Muttwëll, dass et grad dem Médiateur seng Haaptaufgab ass, fir ze kucken, ob d'Verwaltung gutt an uerdentlech mat de Bierger ëmginn an derfir suergen, dass all méiglech Spannungen esou séier wéi méiglech aus der Welt kënne geschafe ginn.

A sengem Rapport vun dësem Joer schreift de Marc Fischbach, dass dësen Ëmgank ee misst sinn, deen op enger gewëssenhafter Gestoun, op géigesäitegem Respekt, op Frëndlechkeet an op kloer verständlechen Informatiounen baséiert. Dat wiere kruzial Bedéngungen, déi erfëllt misste ginn.

Och wann den Ëmgank mam Bierger vläicht um legale Plang korrekt ofleeft, esou hätt de qualitative mënschleche Plang een decisiven Impakt. Den Ombudsmann hätt dofir gären, dass eis öffentlech Verwaltungen sech als iewesch Zil setzen, eng administrativ Kultur ze entwëckelen, déi am Dëngscht vum Bierger steet an déi effikass ass.

Datt op béide Punkten a ville Verwaltungen nach ferm dru geschafft muss ginn, dass stellt ee séier an deenen eenzelne Kapitele vum Médiateur sengem schréfftleche Rapport fest. Do liest een dann, dass ëmmer méi Leit sech beim Ombudsmann bekloen, well hir Demande, hiren Dossier net uerdentlech vum Stat behandelt ginn ass.

Dee gréisste Problem schéngt ze sinn, dass eng Hällewull vun Dossieren immens laang schleefe gelooss ginn. Fir dass kënne besser ze illustréieren, wollt ech kuerz een, zwee Beispiller aus dem Ombudsmann sengem Text erauspicken.

Esou gëtt de Marc Fischbach a seng Équipe regelméisseg vu Bierger kontaktéiert, déi fannen, dass hir Demanden, fir bestëmmte finanziell Ëmweltprimen oder -hëllefen ze kréien, entweder laang net oder och guer net beäntwert ginn. An dëse Fäll muss een awer bedenken, dass déi meeschte Leit op dës finanziell Sprëtzen ugewise sinn, well si éischters vill Suen an ëmweltfrëndlech Projeten, wéi zum Beispill de Bau vun engem Passiv- oder Niddregenergiehaus investéiert hunn, an zweetens grad duerch dem Stat seng Campagnen an d'Perspektiv vun enger öffentlecher Ënnerstützung dozou encouragéiert goufen.

Datt et normal ass, dass et eng Zäitchen dauert, dass een eng Zäitche waarde muss, bis een eng Äntwert op seng Demande kritt, dass ass jo evident a stellt och u sech keen a Fro. Mä hei schwätze mer awer vu Situatiounen, wou Leit eréischt no e puer Méint - no e puer Méint! - en Accusé de réception kruten an an der Moyenne tëscht 14 a 16 Méint gewaart hunn, bis hiren Dossier eng éischte Keier behandelt ginn ass. Dass kann et zu Recht net sinn!

Den zoustännige Minister ass sech där Problematik och bewosst an en huet versprochen, dass dës Dossieren prioritär géife behandelt ginn. Fir awer kënnen am Allgemenge méi séier op Demanden ze äntwerten a rasonabel Délaien anzehalen, bräicht dee Service, dem Minister no, einfach méi Leit, well Zéngtausenden Demanden an engem Joer musse géréiert ginn.

Fir méi prezis ze sinn - dass soll ee wëssen -, et si ronn zéng Demanden erakomm fir d'PRIME House, 16.000 fir d'Primë CAR-e a CAR-e plus a ronn 20.000 fir d'PRIME Cool. Dass sinn natierlech stavollec Zuelen. An do kann een duerch aus novollzéien, dass d'Gestioun vun dësen Dossieren seng Zäit brauch an dass effektiv eng Méiglechkeet, fir kënne méi séier ze schaffen, méi Personal ass.

Allerdéngs stellt sech dann awer hei nees konkret d'Fro, wou een all déi Leit soll siche goen. Dass eng ganz Rëtsch nei Statsbeamten zu dësem Zweck sollen agestellt ginn, ass opgrond vun der budgetärer Situatioun vum Stat éischter onwahrscheinlech. Dofir ass dee beträffende Minister der Meinung, dass entweder op extern Hëllef oder begrenzten Kontrakter oder awer op Contrats d'appui-emploi kéint zréckgegraff ginn.

Zu dësem leschte Punkt kéint ee soen, dass et eng gutt Geleeënheet wier, fir grad jonk Leit zum Beispill, déi keng Aarbecht hunn, mat esou Kontrakter eng Zäitche kënnen anzustellen, mä dass een an engems awer oppasse muss, dass een deene Jonken dann net automatesch och direkt falsch Hoffnungen mécht, fir hinnen dann am Virfeld eng fest Plaz beim Stat ze versprechen.

Wéi och ëmmer d'Regierung elo gedenkt, an dësem konkreten Service d'Situatioun an de Grëff ze kréien, muss awer och nach fairerweis gesot ginn, dass grad d'Demandé fir d'Ëmweltprimen ze kréie relativ komplex Dossierer sinn an dass se dowéinst och dacks net komplett erageschéckt ginn. An dat, obwuel déi meeschte Leit sech vu Studiëbüroer berode loosse, déi och deier kaschten, vill Geld kaschten, an trotzdem sinn d'Dossieren awer net ëmmer ganz komplett!

Do schléit d'Nohaltegkeetskommissioun vir, dass systematesch op den Architekten- an Ingenieuren zréckgegraff gëtt, fir do eventuell eng Aart Supervisioun oder nach eng besser Koordination ze erméiglechen, fir dës Problem e bëssche besser an de Grëff ze kréien. Eng Initiativ, déi een natierlech nëmmen ënnerstëtze kann, well och keen enger Administratioun virgeheie kann, dass een en net kompletten Dossier net behandelt kritt.

Léif Kolleginnen a Kollegen, en anere Problem, deen et am Verhältnis tëscht Bierger a Verwaltung gëtt, sinn d'Bréiwer, déi net beäntwert ginn, respektiv Bréiwer, déi par recommandé erageschéckt ginn an déi net méi erëm-

fonnt ginn; esou ze liesen am Rapport vum Médiateur am Kapitel iwwert den Éducatiounsministère.

Ausserdeem hu sech Leit beim Ombudsmann beklot, dass d'Äntwerte vum Ministère op hir Bréiwer nëmme schwéier ze verstoe wieren. D'Éducatiounsministesch huet an dësen Dossieren versprochen, dass déi intern Gestoun vum Courrier wäert verbessert ginn an dass si hir Beamten nach eemol opfuere wäert, sech esou verständlech wéi méiglech auszureden.

Besonnesch dës leschte Punkt, deen onscheinbar ausgesäit vläicht, ass fir d'gutt Fonctionnéiere vun enger Demokratie awer immens wichteg. Et kann nëmmen dann e Vertrauensverhältnis tëscht dem Stat a senger Bierger entstoën, wann d'Kommunikatioun och klappert. An dat setzt eng Sprooch viraus, déi fir den einfache Bierger ze verstoen ass, och wann et sech ëm méi komplex administrativ a gesetzlech Prozeduren handelt. Deen Usproch muss e Stat hunn, soss scheitert e schon am Usatz!

An dësem Kontext wëll ech nach eemol op d'Iddi vläicht zréckkommen, déi meng Fraktionskolleegin Marie-Josée Frank d'lescht Joer am Kader vun dëser Debat hat, an zwar huet d'Madame Frank op Schweden verwisen, dass zënter dem 1. Juli 2009 e Sproohegesetz huet, dass déi staatlech Verwaltungen derzou verpflichtet, dass Ëmgank mat de Bierger déi schwedesch Sprooch esou einfach wéi méiglech a verständlech ze halen an ze notzen.

Wisou sollt ee sech vläicht net un deem Modell inspiréieren an och probéieren, hei zu Lëtzebuerg op dee Wee ze goen? Ech menge schon, dass esou vill vun de Problemer, déi d'Leit mat de Verwaltungen hunn, op déi doten Aart a Weis kéinten aus dem Wee geschafe ginn.

Här President, no dësen zwee Beispiller, déi weisen, wou de Schong a ville staatleche Verwaltungen dréckt, wéilt ech awer och ee Fall bréngen, wou ganz vill Efforté gemaach ginn, fir déi administrativ Démarchen esou séier wéi méiglech an esou effikass wéi méiglech, also am Sënn vum Bierger, ze maachen.

Rieds geet vun de Classes moyennes a besonnesch vun den Autorisations d'établissement. Am Joer 2010 si ronn 11.500 Demanden, fir e Betrib opzemaachen, un de Mëttelstandsministère geschéckt ginn, a bis op e puer Ausnahmen dauert et an der Moyenne néng Deeg - néng Deeg! -, bis déi Demandé behandelt ginn an eng Äntwert um Dësch läit, also entweder eng Autorisatioun oder awer och keng. Néng Deeg, dass ass, dass kann ee roueg soen, méi wéi bemierkenswäert an huet - fannen ech emol op jiddwer Fall - verdéngt, an dëser Debat och ënnerstrach ze ginn.

Léif Kolleginnen a Kollegen, Dir gesitt deemno, wéi eng droend Roll d'Aarbecht vun de staatleche Verwaltungen am Fonctionnement vun enger Demokratie spillt. Geneesou, wann net zum Deel nach méi wichteg wéi d'Schaffen an d'Verhale vun de Beamten ass awer och d'Behuele vun de gewielte Vertrieeder vum Vollek.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Très bien!

► **M. Félix Eischen (CSV).**- Och dozou fënnst een eppes am Ombudsmann sengem Rapport vun dësem Joer,...

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Och d'Regierung!

► **M. Félix Eischen (CSV).**- ...an zwar am Kapitel iwwert d'Gemengen, Här Bettel. Sou hu sech am Laf vum leschte Joer niewent deenen traditionellen Kloen iwwer Bauautorisationen, déi net richtig geklappt hunn, oder iwwer falsch Informatiounen, déi d'Gemengeverwaltung ginn hunn, eng Rei Leit beim Ombudsmann beschwéiert, dass d'Gemengeréit bei Ofstëmmungen am Gemengerot an Interessenkonflikter gerode sinn. Den Här Gira huet dat vir-drin a sengem Rapport och ernimmt.

Dat ass ouni Zweifel keng harmlos Uschëllegung, mä e Problem, dee ganz seriö muss geholl ginn. An dat hu mir och an der Petitiounskommissioun gemaach. Mir hu laang mam Innenminister iwwert dee Sujet debattéiert. Hien huet eis virun allem erkläert, wat an esou Situatiounen genee am Gesetz drasteet, wéini dass een iwwerhaapt vun engem Interessenkonflikt schwätze kann a wat an esou engem Fall dann och kéint dergéint gemaach ginn.

Där Interessenkonflikter kënnen et der vill ginn, vir-drin hu mer schonn e puer Beispiller héieren: wann een zum Beispill als Gemengerot iwwer e PAG stëmmt, wou ee selwer Terrainen dra leien huet; oder wann een als Promoteur schafft an iwwert de Kaf oder de Verkauf vun Terrainen soll oder misst mat ofstëmmen; wann ee bei enger Décisioun soll derbäi sinn, wou eng Persoun betraff ass, mat där ee Famill ass bis zum drëtten Grad, wann ee matenee bestuet ass respektiv an enger Partnerschaft leeft; oder awer wann een als Privatmënsch an engem Verwaltungsrot vun enger Privatfirma sëtzt, mat

där d'Gemeng ze dinn huet; an esou weider an esou fort.

Fir kloer ze definéieren, wéini een als gewielte Vertrieeder an engem Interessenkonflikt dran ass, ass allerdéngs guer net esou evident, an nach vill manner, wéi een dat verhënnere soll.

Sécherlech, an de Gesetzer si Sanktiounen a Garde-fous virgesinn. Sou gëtt beim geréngsten Zweifel den Distriktskommissär vum Minister ageschalt, fir der Situatioun op de Fong ze goen. Da kann de Fall eventuell och souguer viru Gericht kommen, et kann zu enger Verurteilung kommen, zu Geldstrofen, zum Verloscht vum Mandat respektiv der Annulatioun vun enger Décisioun vum Gemengerot souguer.

Mä nach bleift et eng ganz Kriddeleg, fir genee ze bestëmmen, wéini dass et sech wierklech ëm en Interessenkonflikt, a virun allem ëm e bewossten, handelt a wéini net. Dofir ass et wichteg, dass een hei un de gesonde Mënscheverstand an un den deontologesche Sënn vun de Gemengepolitiker appelléiert. Béides misst hinnen nämlech soen, dass si sech bei Affären an Dossieren, wou se och nëmme kéinten en Interessenkonflikt hunn, dach einfach besser zréckzehalen hätten an dass se net un der Ofstëmmung deelhuele sollten.

Et muss nämlech all Politiker bewosst sinn, dass, wann hie probéiert, perséinlech Virdeeler aus senger Fonctioun ze zéien, hien net just senger eegener Integritéit schuet, mä vill méi schlëm nach, der Integritéit vun deem Mandat, dass hie vum Wieler kritt huet, also der Demokratie am grouse Ganzen!

D'Bild vun der Politik an domat vum ganzen demokrateschen System gëtt nun eemol als Allereréischt vum Verhale vun all eenzelne Politiker bestëmmt. E Verhalen, dass der Dignitéit an der Responsabilitéit vun engem elektiven Amt soll zu all Moment kënne gerecht ginn.

Natierlech sinn och mir Politiker nëmme Mënschen a mir maache Feeler. Dass stellt jo och u sech esou direkt keen a Fro. Mir müssen eis just bewosst sinn, wat eist Feelverhale fir eng Konsequenz fir d'Verhältnis tëscht Bierger a Politik kann hunn.

Här President, zum Schluss vu menger Interventioun wollt ech dem Médiateur awer nach eng Keier explizit Merci soe fir déi Aarbecht, déi hien an deene leschte Jore geleescht huet, a besonnesch, dass hien dëst Joer sech och getraut huet, de Fonctionnement vun eiser Demokratie méi genee ënnert d'Lupp ze huelen. Dobäi kennt hien zur Feststellung, dass eise Verwaltungen hir Millen dacks ze lues muelen an doduerch d'Vertrauensverhältnis, dass de Bierger zum Stat huet an dat à la base vun eiser Demokratie steet, awer gestéiert ass mat Momenter.

Vill méi nach schuet déi „Lenteur administrative“, wéi eis franséisch Noperen dat jo soen, net nëmmen eenzelne Bierger, mä si huet och negativ Auswierkungen op eis ganz Wirtschaft, wann ee bedenkt, dass d'Entwëcklung vun de Betriber wesentlech vun administrativen Décisiounen ofhängt. An dofir müssen d'Verwaltungen effikass schaffen kënnen!

Mä well den Ombudsmann a senger Fonctioun als neutralen Observateur net nëmmen de Fanger an d'Wonn leet, mä och Léisungen ubitt, huet en dat selbstverständlech och fir dës Problem gemaach.

Fir de Bierger virun ze laange Retardé bei administrativen Démarchen ze schützen, schléit den Ombudsmann net vir, dass een de Prinzip vum „Silence vaut accord“ soll aféieren - deen zwar schéin ausgesäit, mä an engems relativ ineffikass ass, well en nëmme fir déi Demandé ka gellen, déi keng explizit schréfftlech Autorisatioun vun enger drëtter Persoun brauchen, spréich, wou extra Prozeduren nach musse respektéiert ginn -, neen, de Médiateur schléit vir, dass contraignant Délaien solle gesat ginn, déi vun de staatleche Verwaltungen mussen agehale ginn. Eemol dës Délaien iwwerschratt, misst de Stat sech selwer bestrofen, andeems hien eng Zort Boussgeld un déi concernéiert Persoun iwwerweise géif.

An der Petitiounskommissioun hu mir doriwwer laang an och kontrovers diskutéiert an zesumme mat der Ministesch fir d'administrativ Vereinfachung driwwer debattéiert. An hei schléist sech d'CSV-Fraktioun der Meinung vun der Ministesch un, déi drop higewisen huet, dass eng Zort Boussgeld keng wierklech Plus-value duerstellt, vu dass haut schonn am Gesetz vum 1. September 1988 iwwert d'zivil Verantwortung vum Stat finanziell Entschiedungen fir Leit, déi duerch de Stat zu Schued komm sinn, virgesi sinn.





Vill méi wichteg schéngt et eis als CSV-Fraktioun, datt, wéi et och am Koalitiounsprogramm steet, een déi administrativ Vereinfachung konsequent soll virundreiwen an an deem Kontext Froe wéi déi intern Organisation vun de Verwaltungen, d'Relationen tëscht hinnen, de Respekt vun den Dénagscht-weeër, de Fonctionnement vun der Hierarchie ëmmer erëm frësch op de Leescht soll huelen, respektiv d'Méiglechkeet soll iwwerpräiwen, fir a bestëmmte Gesetzer rasonabel Délaie festzeschreiwen, un déi sech dann och wann ech gelift soll gehale ginn.

Ech freeë mech op weider Diskussiounen a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Eischen. Als nächste Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här Président. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass Tradition, datt de Président vun der Petitiounskommissioun e Member vun der Oppositioun ass. Duerfir ass et och e Member vun der Oppositioun, deen de Rapport vum Bericht vum Médiateur opstellt a presentéiert. Dëst Joer war dat op en Neits, géif ech soen, de Camille Gira vun deene Gréngen, an hien huet net nëmmen en exzellente Rapport gemaach, mä huet och d'Aarbechten am Virfeld optimal organiséiert a moderéiert.

Mir hu gutt Échangé gehat mat anere Kommis-siounen, mir hu Leit aus Verwaltungen em-pfaangen, fir eis e Bild ze maachen zu deem en-gen oder anere Problem. Déi Aarbechte ware ganz opschlossräich, an ech wëllt duerfir och dem Président-Rapporteur, dem Camille Gira, Merci soe fir seng exzellente Aarbecht. Et gesäit een, datt also och Oppositiounspolitiker kënnen hei an der Chamber gutt Aarbecht maachen.

Här President, mëttlerweil ass den Ombuds-mann eng regelrecht Institutioun ginn hei zu Lëtzebuerg. An de Médiateur huet eng grouss Notoriétéit an eng gewëssen Autoritéit bei de Bierger an de Verwaltungen am Land kritt.

Den Ombudsmann huet am Laf vun de Jore gewisen, datt hien eng wäertvoll a virun allem och eng neutral Ulaftell ginn ass fir den een-zelne Bierger, deen op déi eng oder aner Aart a Weis Schwierigekeete mat de Verwaltungen huet.

Op där anerer Säit huelen d'Verwaltungen an d'Ministèren, déi meescht weinstens, och d'Re-marquen an d'Recommandatiounen eescht a ver-sichen, Remedur ze schafen, wann de Mé-diateur intervenéiert.

Mir hunn et schonn héieren, mir wëssen, dem Marc Fischbach, dem Ombudsmann, deem säi Mandat wäert esou lues auslafen. Ech muss och ënnersträichen, datt hie wierklech an all deene Joren eng exzellente Aarbecht gemaach huet, eng ganz Rei ganz flott Inpute ginn huet fir eis Aarbecht. An ech wëllt him och schonn duerfir hei vun dëser Plaz aus e grouse Merci aus-schwätzen.

Et schéngt mer och doriwwer eraus sënnavoll, datt de Rapport vum Ombudsmann an enger Petitiounskommissioun traitéiert gëtt, well dës Kommissioun ass jo och e bësselche méi direkt am Kontakt mat den eenzelne Bierger, well jo iwwert d'Petitiounen d'Leit och hoffen, datt se an där Kommissioun en oppent Ouer fannen, wa se Problemer hunn am Land a ganz oft eben och am Zesammenhang mat Verwaltun-gen. Duerfir eben och ass et fir mech logesch, datt d'Petitiounskommissioun - an dat ass jo och elo mëttlerweil Tradition - dee Rapport analyséiert respektiv e Rapport dozou mécht.

An deem Kontext vläicht eng kleng Klamer - mir haten d'lescht Joer doriwwer geschwat: Et ass jo esou, datt och Aarbechten am Lefe sinn, fir datt mer hei zu Lëtzebuerg eng elektronesch Petitioun sollen aféieren. Déi Aarbechte sinn ugelaft, déi eenzel Fraktiounen hunn hir Com-men-tairen oder hir Avisen dozou ginn. Ech weess elo net genau, wou den Dossier drun ass, mä et wier awer gutt, datt mer als Chamber och déi Aarbechten un deem Dossier net aus dem Bléckwénkel verléieren an datt mer och an déi Richtung weider sollte schaffen.

Wann een d'Rapporten iwwert d'Jore suivéiert, kann ee feststellen, datt d'Aarbecht vum Mé-diateur net ofhëlt an datt d'Zuel vun den Dos-siere sech konstant esou ëm déi 900, 950 be-leeft. E wichtegen Aspekt vum Ombudsmann ass deen, fir da Recommendatiounen ausze-schwätzen. Dëst Joer sinn et véier neier. De Rapporteur ass do och schonn en détail drop agaangen. Ech wäert do net weider drop agoen. Ech mengen, dat si jo och déi Pro-

blemfäll ënner anerem do mat der Santé, déi schonn hei diskutéiert gi sinn.

Et gëtt awer och eng Rei Recommendatiounen, déi mer scho säit enger Rei Joren zur Kenntnis huelen. Et geet awer net nëmmen duer, datt mer déi dann hei debattéieren, mä et muss een och kucken, wat aus deenen Empfehlungen, deene Recommendatiounen dann herno an der Praxis gëtt. Well et dierf jo net einfach nëmmen de l'art pour l'art sinn! De Médiateur schreift sech wond, mir schreiwen eis wond, an da ge-schitt näischt um Terrain. An de Bilan vun der Ëmsetzung vun deene Recommendatiounen ass awer net ëmmer esou positiv ze bewäerten, well der nach ëmmer eng Rei net ëmgesat gi sinn oder kee Suivi kruten.

Do sinn der, déi schonn eng Rei Joren ëmmer erëm erwänt ginn. Esou gëtt et zum Beispill déi Recommendatioun vun 2005, also vu viru sechs Joer, déi seet, datt bei den Ausweisungs-prozeduren d'Police keng Mesures dispropor-tionnées vis-à-vis vu Jugendleche soll uwennen. Bis haut hu mer do eigentlech kee richtege Suivi respektiv ass déi Recommendatioun nach net esou richtig eescht geholl ginn an der Praxis.

Och säit e puer Joer huet de Médiateur zum Beispill recommandéiert, bei der CNPF d'Perso-nal opzestocken, fir datt ënner anerem d'Dos-siere méi schnell kënnen traitéiert ginn. Och hu mer am Budget 2009, substanzéiert kéint ee soen, d'Zuel vu Posten, 25 Stéck, do age-schriwwen gehat. Mä an der Praxis si bis elo awer eréischt zwee Beamten agestallt ginn.

Bon, iwwer eng Dose vun esou Recommenda-tiounen, wann ech dat richtig gezielt hunn - et kënnen der och 14 sinn -, sinn esou iwwer Jo-ren do schleefe gelooss ginn an net ëmgesat ginn. An do muss een awer soen, datt an enger gewëssener Aart a Weis, wann een an der Schoul wier, ee misst soen, datt dat eng On-genügend ass fir d'Regierung, déi hei net alle-querten hir Hausaufgabe gemaach huet.

Här President, ech wëllt e puer Dossiere kuerz uschneiden, mat deene sech d'Kommissioun am Rapport méi speziell beschäftegt huet, res-pektiv awer och, wou meng Fraktioun dat eent oder anert Element wëllt ënnersträichen. Ech ginn also net op alleguerten d'Aspekter vum Rapport an. Ech mengen, et ass och scho bal Tradition, datt all Fraktioun e bësse sech déi eng oder aner Akzenter leet.

Och dëst Joer handeln eng Rei Reklamatiou-nen, wann net de Gros - ech mengen, an Erë-nierung ze hunn, datt iwwer 40%, also bal d'Halschent, an dee Beräich kéinte situéiert ginn -, vun der Lenteur administrative. Dat bleift weiderhin e Punkt, deen ee bei verschie-dene Verwaltungen a Ministère muss bemän-gelen.

Ech hat virdu scho vun der Caisse nationale des prestations familiales geschwat. En anere Ministère, deen ëmmer erëm negativ opfällt, ass dee vum Développement durable, a méi spe-zieell den Département vun der Ëmwelt. De Mé-diateur hieft e puer Fäll ervir am Kader vum Ausbeziele vu Primen oder Subsidien am Kon-text vum Energiespueren oder der Energieeffi-zienz. Zum Beispill sinn dat déi Primé fir Nid-dregenergiehaiser; dat sinn déi „PRIME Cool“ an esou weider fir Haushaltsapparater; dat sinn awer och Primen am Beräich vun den CO<sub>2</sub>-Re-duktiounen bei den Autoen, déi verschidde Pri-men: „PRIME CAR-e“, „PRIME CAR-e plus“ an esou weider.

Bon, hei muss een och wëssen: Hei sinn e puer Reklamatiounen erakomm, mä sécherlech rekla-méieren net all d'Bierger beim Ombudsmann, well se sech scho bal hei dem Schicksal erginn hunn. Mä et ass awer trotzdem net haltbar, datt op där enger Säit massiv Reklamm ge-maach gëtt vum Stat aus fir esou Primen, an op där anerer Säit awer d'Verwaltungen dann net à même sinn, fir de Leit déi Primen an engem Délai raisonnable auszebezuolen.

Hei geet et net ëm zwee, dräi Méint, mä hei geet et zum Deel ëm zwee, dräi Joer, wou d'Leit op hir Sue waarden! Dat sinn och net e Grappvoll Leit, déi dorobber musse waarden, dat sinn der e puer Honnert, wéi aus enger Question parlementaire ervirgeet, déi ech virun e puer Wochen oder e puer Méint gestallt hat. An ech hunn dat deemools..., oder ech hat et och scho gesot, datt dat net gutt ass.

Dat ass praktesch inakzeptabel an et ass och kontraproduktiv fir déi Efforten, déi een zum Beispill wëllt maachen am Beräich vum Klima-schutz a vum Erausklammen aus der Pétrolsfäl. Dat ass jo dee ganz groussen Défi fir eist Land. Mir hunn haut de Moien nach an der Kommis-sioun vum Développement durable doriwwer geschwat.

Wann d'Leit prett sinn, fir Efforten ze maachen, a wann déi net gehollef kréien, mä wa se nëmme Steng an de Wee geluecht kréien an hei dann an dësem Fall jorelaang op hir Sue musse waarden, dann ass dat eng falsch Politik

an dat vergrault d'Leit, an da verléiere mer eis an eisen Efforten, zum Beispill am Klimaschutz.

Ech wëll hei nëmmen an deem Kontext nach eng Kéier drun erënneren, datt d'DP eng ganz aner Approche hei proposéiert. Mir soe ganz kloer, d'DP seet, datt mir de Leit au départ bei den noutwendegen Investissementen, zum Bei-spill bei der Albusanéeierung, sollen ënnert d'Aerm gräifen, datt mir hinnen also am Ufank d'Saache virfinanzéieren, datt se net mussen op d'Sue waarden an datt se herno kënnen zrëck-bezuolen. Do kéint ee schnell a konkret hëlle-fen. Do kéint ee wierklech eng Bewegung en marche setzen an do kéint een och d'Leit moti-véieren, fir matzemaachen.

Ech hoffen, datt d'Regierung och dann op dee Wee geet. Si huet jo, de Premierminister him-self huet jo déi Motioun, déi mer duerfir hei bei den Debatten zum État de la nation haten, en huet jo déi Motioun vun eiser Proposition vun der Klimabank a vum Energiespuer-Contracting ugehall. Ech hoffen, datt et da virugeet.

Här President, de Rapporteur huet en anere Mi-nistère méi speziell negativ erausgestrach, an zwar dee vun der Éducation, wou e kritiséiert, datt do oft Demanden a Bréiwer vun de Bierger kee Suivi kréien. Do gi Bréiwer verluer, d'Leit kréien ni eng Äntwert, keen Accusé de récep-tion! Am Éducationnsministère schéngt do e gewëssene Chaos virzeherrschen, an den Om-budsmann huet de Ministère opgefuerdert, méi kloer „flux de circulation“, wéi hien dat nennt, an den interne Prozeduren anzesetzen.

Wann ech bei der Éducation sinn, wëllt ech och nach eng Kéier rappeléieren, datt d'Demo-kratesch Partei fir e Médiateur an de Schoule plädéiert. Dee kéint bei Schwieregkeeten zwë-sche Schüler, Direktioun, Elteren/Proffen, Elte-ren/Direktioun - do gëtt et jo ganz vill Varian-ten, wat fir eng Konflikter do kënnen zwësche wat fir enge Gruppen oder Schoulpartner ent-stoen -, eigentlech kéint dee Médiateur direkt sur place vermëttelen.

Doduerjer kéinten eng Rei méi schoulspezifesch Problemer schnell an onbürokratesch geléist ginn, an esou en Ombudsmann fir d'Schoul kéint och den nationalen Ombudsmann an der Aarbecht entlaaschten.

Här President, ech kommen alt nach eng Kéier op d'Thematik, oder ech fuere weider an der Thematik vun der Lenteur administrative, wou ech virun ugefaangen hat, well et awer, wann een iwwert déi Jore kuckt, en Dauerbrenner ass an de Rapporté vum Médiateur. An och virun allem ass et e reelle Problem fir d'Bierger do-baussen am Land.

An der Kommissioun an och am Rapport hu mer eis dëst Joer nach eng Kéier domadder be-faasst, ouni datt onbedéngt nei Erkenntnisser dobäi erauskomm sinn. Et sinn eng Rei Piste virgezechent, net eréischt dëst Joer; d'lescht Joer hate mer eis jo nach vill méi intensiv do-madder beschäftegt. Mä et geet elo drëms, datt déi responsabel Ministeren an der Fonc-tion publique dann och konsequent un deen Dossier eruginn, datt se déi Recommendatiou-nen, déi Pisten och konsequent suivéieren.

Well nach wie vor muss fir eis d'Haaptuleies sinn, datt mer e Stat hunn, deen effizient an ef-fikass am Dénagscht vum Bierger schafft. An dat ass och net eleng nëmmen eng Fro vun der Zuel vu Beamten, well vill Aarbecht an Dos-sieren a verschiddene Ministère effektiv vir-leien, do brauch een zousätzlech Beamten, mä et sinn awer och ganz oft - dat wëll ech ënner-sträichen - Froe vum Management, déi sech an de Verwaltunge stellen, vun Aarbechtsloef, déi net effizient sinn an déi musse verbessert ginn.

Déi modern Verwaltungsarbecht - wéi iwwer-all am Liewen, dat sech an der Gesellschaft ver-ännert huet - erfuerdert zum Deel haut aner Kompetenzen, aner Forme vun Aarbecht, Teamwork, an esou weider. An ech mengen, dat ass och dat, well déi Effizienz musse mer er-reechen, deen „workflow management“ musse mer erreechen. Ech mengen, dat ass a mengen Ae vill méi wichteg, wéi datt mer elo all einzel-nem Statsbeamten eng Zensur wëllen ausstel-len.

Hei sinn och insbesondere d'Direktiounsbeam-ten oder d'Chef-de-servicé gefuerdert, fir datt si och e bëssen deen neie Wand an déi Effikassi-téit an hir eenzel Departementer erakréien. Et gëtt nach eng Rei Ministère, wou Departem-enter sinn, wou emol keng Réunion de ser-vicé ass, déi vum Chef de service organiséiert gëtt. Fir mech ass dat net nozevollzéien. Do gëtt näischt ofgeschwat mat de Beamten. Do gëtt keng Koordination gemaach. Jiddweree schafft a sengem Eck, mécht dat no der Lo-gique hiérarchique wahrscheinlech. Da kann et heiansdo, oder da geet et oft kee gutt Stéck virun.

Et heescht awer och, datt d'Beamten an där Hi-sicht musse weidergebilt ginn. Et muss een dat och bei der Formation initiale am INAP an och

beim Rekrutement deementspriedend upa-sen.

Ech wëll och hei an deem Kontext soen, datt d'DP och kloer fir Audite vun de Ministère an de Verwaltungen ass, well doduerjer kann ech eng Bestandsopnahm maachen a Solutiounen fannen, fir méi eng effizient Struktur oder Aar-bechtsloef bei de Verwaltungen hierzustellen.

Ech hat zum Beispill als Statssekretär 2002 en Audit vun der Forstverwaltung initiéiert. Deen huet eng Zäitche gedauert, mä opgrond vun deem Audit gouf awer herno déi Verwaltung reorganiséiert hin haut zur Natur- a Bëschver-waltung, positiv reorganiséiert. A mir hu jo och doduerjer d'lescht Joer oder virun zwee Joer en neit Gesetz gestëmmt. Dat ass ee Beispill, mä ech mengen, datt misst een och an anere Ver-waltunge maachen.

An der Kommissioun respektiv vum Médiateur sinn och e puer nei Iddien an d'Diskussioun komm, fir där Lenteur administrative entgéint-zewierken. De Médiateur huet do zwou Propo-sitiounen op den Dësch geluecht. Zum enge seet en, de Stat soll bei alle Prozedure ganz contraignant Délaien operluecht kréien. Dat ass eng Approche, déi mir als DP kënnen deelen.

Sécherlech gëtt et och eng Rei Gesetzer, wou dat och schonn an de Gesetzer ageschriwwen ass. Ech denken zum Beispill un dat vun den Établissements classés, och nach „Kommodo-Gesetz“ am lëtzebuergesche Volleksmond ge-nannt. De Problem ass, datt et awer och eng Rei Gesetzer oder Prozedure gëtt, wou keng Délaien an de Gesetzer fixéiert sinn.

Zum anere kann een natierlech och feststellen, obwuel an enger Rei Gesetzer Délaie bei dem - ech soen emol - Échange zwëschen dem Bierger an de Verwaltung stinn, datt déi awer net agehale ginn. Duerfir proposéiert de Mé-diateur dann, eng Prime d'astreinte anzeféie-ren, also eng Aart Strofgeld fir Verwaltungen a Ministère, wann déi déi fixéiert Délaien net anhalen, Délaie fir Äntwerten oder d'Ofwéckele vum Dossier. An déi Prime d'astreinte, propo-séiert en dann, dierf net ënner 200 Euro de Mount leien.

Déi Propos, déi baséiert zum Deel och op der Iwwerleeung, datt de Stat jo op déiselwecht Manéier mat dem Bierger verfiert. Ënner ane-rem kéint een do als Beispill d'Steieren huelen. Wann een also net seng Steieren oder seng Avancé bezilt, da weess ee relativ schnell, wat d'Pond Kiische kascht. An den éischten oder zweete Mount geet et dann un, wou een dann Zëse respektiv Strofgeld muss bezuolen. A wat also fir de Stat op där enger Säit d'Recht ass, soll also fir de Bierger op där anerer Säit och nëmme richtig sinn.

An der Kommissioun hu mer déi Propos vum Médiateur diskutéiert, vun där Prime d'as-treinte. Mir hunn déi eigentlech positiv fonnt. An dunn hat de Rapporteur eng Motioun pro-poséiert, presentéiert, déi an der Kommissioun weinstens vu praktesch... jo, vun all den - ech mengen, et war richtig - Deputéierten an der Kommissioun, och vun der Majoritéit, guttge-heescht ginn ass.

Ech muss haut feststellen, datt déi Motioun net méi hei um Dësch läit. Ech bedauere net, datt do d'Majoritéit e Réckzéier gemaach huet, datt se Angscht virun hirem eegene Courage huet an datt dann d'Memberen aus der Kommis-sioun do zrëckgepaff gi si vun iergendengem méi Wichtige, fir datt also dann déi Motioun hei net zum Vote kënnt.

Här President, zum Schluss ginn ech nach op en anere Schwiéerpunkt aus dem dësjahrege Rapport vum Médiateur an. Dat ass dee vun der Problematik vun den Interessekonflikter ins-besondere um Gemengeplang. Den Ombuds-mann gëtt ëmmer méi oft mat Kloe befaasst, wou d'Bierger sech beschwéieren, datt Geme-ngepolitiker oder -beamten an Décisiounen im-plizéiert sinn, wou et ëm hir eege Bauterrainen oder ëm déi vun hirer Famill geet.

Dat ass jo de Fall, wann zum Beispill e Grompe-refeld, e Gromperestéck duerch Vote vum Ge-mengerot am Kader vun engem PAG..., vun engem Moment zum anere gëtt aus deem Gromperestéck eng Goldgrouf. Et brauch een net vill Wieder, fir kloerzemaachen, datt esou Praktiken net akzeptabel sinn, well d'Politiker sech oder hirer Famill duerch hir eegen Déc-i-siounen perséinlech a finanziell Virdeeler ver-schaffen. De Politiker gëtt gewielt, fir am Intérêt général ze agéieren, an net, fir am perséin-lechen Interesse ze handelen.

Sécherlech gëtt et hei och Gesetzer, déi Barriè-ren agebaut hunn, zum Beispill den Artikel 20 vum Geset vun '88 oder den Artikel 245 vum Code pénal. Déi Artikel si kloer, mä nach, seet de Médiateur, wieren him Fäll zougedroe ginn, wou ee kéint dovunner ausgoen, datt Politiker Décisiounen matgedroen hunn oder influen-zéiert hunn, wou et ëm d'Valorisation vun hi-rem Terrain gaangen ass oder wou da finanziell Avantagen erausgeschloe gi sinn.





An, Här President, nach a méi enger ongesond-der Grauzon beweegt ee sech, wa manifest Relatioune bestinn zwësche Politiker a Promoteuren. Dat gëllt insbesondere fir Gemengepolitiker, déi de Médiateur hei viséiert, well do jo d'Bautepolitik ganz vill um Ordre du jour vun der Politik steet. Et mussen duerfir onbedéngt kloer juristesche Regele ginn, fir all Abusen ze ënnerbannen.

An d'Politiker solle sech deontologesch Regele gi respektiv héich Uspréich selwer operleeën, fir wierklech au-dessus de tout doute ze sinn. Dat ass nämlech och am Endeffekt fir d'Vertraue vun de Bierger an d'Politik a fir d'Vertraue vun de Bierger och an déi eenzel Politiker.

Wat ech elo gesot hunn, dat gëllt net nëmme fir d'Kommunalpolitik, mä dat sollt a misst a fortiori och fir d'Politik en général gëllen, och fir déi, déi en nationaalt Mandat hunn. Ech fannen et bedenklech, wann zum Beispill Deputéierter oder Ministeren en Relatioune respektiv berufflech Relatioune hu mat Promoteuren oder Avantages en nature hu vu Promoteuren, déi hirersäits op allen Ecken an Enner hei am Land Bauraine besëtzen oder wëlle valoriséieren.

All Politiker muss dat de Moment mat sech selwer ausmaachen a verantworten, mä ech kann nëmme d'Konklusiounen vun der Petitiounskommission voll ënnerstëtzen, déi sech um Rapport Sauvé „Pour une nouvelle déontologie de la vie publique“ inspiréiert. Déi soen, kloer Regeln, Transparenz an héich deontologesch Uspréich mussen d'Aktion vum Politiker um kommunale Plang, um nationale Plang guidéieren, dat, fir d'Vertraue vun de Bierger an d'Politik ze halen oder erëm ze stäerken.

A grad - dat huet och schonn de Rapporteur gesot - a besonnesch an enger Zäit vun ekonomesche Schwieeregkeeten a vum Opkeime vu populisteschen Tendenzen, wann et enger Rei vu Bierger hei am Land ëmmer méi schlecht geet an d'Politiker op där anerer Säit duerch Klüngel mat Geschäftsleit materiell Avantagen erwierken, dann ass dat keng gutt Saach fir d'Politik. Dat ass keng gutt Saach fir den Astand hei zu Lëtzebuerg.

An där Optik solle mer eis och als Chamber seriö Gedanke maachen, fir och um nationale Plang déi Thematik eng kéier seriö ze analyséieren an och kloer Regele fir d'national Politik hei an der Chamber opzestellen.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschten.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Eugène Berger. An als nächste Riedner ass den Här Marc Angel agedroen. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Merci, Här President. Ech soen lech Merci, dass Der mer d'Wuert gitt. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Regierungsmemberen, d'Institution vum Médiateur, déi jo ufanks deelweis kritesch ugesi gouf, ass haut wierklech e feste Bestanddeel vum institutionelle Gebilde vun eisem Stat. An den Här Gira huet den Term „onëmgängelech“ gebraucht; ech kann him nëmme zoustëmmen.

An net nëmme, mengen ech, si mir 60 Deputéiert frou, dass et dës Institution gëtt, mä, ech mengen, dat nämlech gëllt fir all d'Awunner vun eisem Land. Dofir wëll ech gläich am Numm vun der LSAP-Fraktioun dem Här Marc Fischbach an all senge Mataarbechterinnen a Mataarbechter e grouss Merci ausdrécke fir hiren Asaz am Déngscht vun all eise Bierger.

Mir als LSAP-Fraktioun gesinn de Rapport vum Médiateur, och wann en natierlech, an dat ass gutt esou, vill Kritik beinhalt, als e konstruktive Bäitrag, als eng wichteg Ënnerstëtzung fir eis Regierung mat hire Beamten, fir dass mir alleguer zesumme gesinn, wou an der Praxis Problemer a Missverständneser zwëschen de villen Administréierten an Administratiounen sinn.

Och d'Zesummespill Médiateur a Chamber, an hei besonnesch d'Petitiounskommission, funktionéiert exzellent. Dofir wëll ech och am Numm vun eiser Fraktioun dem Camille Gira, dem President, an der Madame Moris Merci soe fir déi vill Aarbecht, déi si gemaach hunn, an och besonnesch fir déi Gedold, déi si mat eis haten. Dem Här Gira och e Merci fir säin exzellente schréfflechen a mëndleche Rapport.

Wat och wichteg ass ervirzesträichen: Genau wéi déi Jore virdru konnt d'Petitiounskommission och dëst Joer nees bei hirer Aarbecht am Kontext vum Rapport vum Médiateur op déi ganz Viraarbecht opbauen, déi déi aner Kommissionen hei am Haus ganz seriö gemaach hunn. Et ass wichteg, dass déi eenzel Fachkommissionen sech hir Fachberäicher eraushuelen a sech da mat de Ministeren d'Kritiken, d'Recommandatiounen an d'Froen, déi den Ombudsmann opwërft, zu Härz huelen an zesummen no Äntwerten a Léisunge sichen.

Déi Viraarbecht vun all eise Kommissionen ass also eng kollektiv Aarbecht, fir dësen Débat ze preparéieren. An ech mengen, mat dësem Débat hei ass d'Aarbecht awer net ofgeschloss. Ech gesinn dat als eng wichteg Zwëschenetapp, fir éischt Konklusiounen, wichteg Konklusiounen ze zéien a fir dann awer ëmmer duerno nees um Ball ze bleiwen. D'Suergeren an d'Recommandatiounen vum Médiateur sollen eis am Laf vum ganze Joer am Hannerkapp bleiwen, wa mir hei am Haus an de Kommissionen legislativ Aarbecht maachen.

Ganz konkret heescht dat, dass mir d'Problemer bei bestehende Gesetzgeber behiewe mussen a beim Ausschaffe vun neie Gesetz d'Suergeren an d'Froen vum Médiateur net dierfe vergiessen. Dëst gëllt natierlech insbesondere fir déi dräi Haaptthemen, déi mer dëst Joer hei an der Petitiounskommission opgrond vum Rapport vum Médiateur ervirgestrach hunn. Déi dräi Theme si virdru schonn ugeschwat ginn an ech wäert och dorop agoen.

Dat Éischt ass jo déi Fro vum Netanhale vun den Délaien an dann déi drunhänkend Fro vun der Astreinte. Den Här Fischbach war den 23. November 2010 bei eis an der Kommission an huet sech laang mat eis iwwert déi Fro vun den Délaien am Traitement vun den Dossieren duerch öffentlech Institutionen, sief et beim Stat oder bei de Gemengen, ënnerhalen. Dat kann een och schréfflech noliessen an der Introduction vum Här Fischbach sengem Rapport.

Wéi scho gesot, iwwer e Véirel vun de Reklamatiounen hu mat där Lenteur excessive um Niveau vun der Instruktioun vun den Dossieren ze dinn. Wéi eng Fäll do gemengt sinn, dat hu meng Virriedner scho gesot. Dofir kann ech dat elo hei ewechloossen.

Ech wëll awer drun erënneren, dass de Prinzip an der Matière administrative gëllt, dass à défaut vun enger Décision d'Affär nëmme zréck bei déi kompetent Administratioun bréngt, ouni eng Garantie ze ginn, dass déi da méi schnell eng Décision do huelen.

Dat heescht awer och, dass ausser de Fäll, wou de Juge administratif habilitéiert ass, sech iwwert de Fong ze prononcéieren, d'Annulatioun vun enger Décision d'Affär nëmme zréck bei déi kompetent Administratioun bréngt, ouni eng Garantie ze ginn, dass déi da méi schnell eng Décision do huelen.

Déi Iddi, iwwert déi mer och diskutéiert hunn, d'Présomption de rejet ze inverséieren duerch den Accord tacite, wann eng Administratioun keen Délai raisonnable anhält, ass eng gutt Iddi, mä den Här Fischbach huet eis och gesot, dass en net an alle Fäll ka gebraucht ginn. Dofir hunn ech dat eng ganz interessant an och courageiert Démarche vum Médiateur fonnt, fir déi Iddi vun der Autosanction ungeschwätzen, déi de Rapporteur eis jo schonn erkläert huet.

Dat ass natierlech eng Säit vun der Medail. An ech mengen, et war och wichteg, dass d'Madame Modert den 2. Februar bei eis an d'Kommission komm ass. Si huet sech vill Zäit geholl a si huet eis och vill Informatiounen ginn. Si huet virun allem emol drun erënnert, dass mer d'Gesetz vum 1. September 1988 hunn iwwert d'Responsabilité civile vum Stat a vun de Collectivitéiten, wou en Dédommagement en cas de fonctionnement défectueux des services virgesinn ass.

Si huet eis och erënnert, d'Madame Modert, dass am Regierungsprogramm d'Autorisation tacite virgesinn ass. An ech erlabe mer, e Gesetz erauszehuelen, wat mer rezent hei gestëmmt hunn, d'Gesetz vum 4. Mee 2011 iwwert d'Loi relative aux services dans le marché intérieur.

Wann een do den Artikel 11 kuckt, do kann ech e puer Punkten aus deem Artikel zitieren: «Toute demande d'autorisation fait l'objet d'un accusé de réception (...) le délai visé», dass d'Délaien indiquiert musse sinn. «Les demandes sont traitées dans un délai raisonnable, (...) fixé et rendu public (...)», an dann um Punkt 7: «les prestataires peuvent considérer en cas d'absence de réponse dans le délai imparti leur demande comme acceptée.»

Also, de Wëllen ass schonn do bei der Regierung, a ville Gesetzgeber, wou et geet, wou et méiglech ass, déi Autorisation tacite anzubringen.

D'Ministesch huet eis och gesot, dass een do, wou déi Autorisation tacite net méiglech ass, fir d'Éischt muss en Délai de réponse anschreiben. Si huet och suggéiert, dass an deene verschiddenen Administratiounen eng Lëscht soll gefouert gi vun den Demanden, wou d'Délaien dépasséiert sinn. Si huet eis och nach gesot, dass, wann Dossieren hin an hier ginn zwëschen deem, deen eng Demande stellt, an der Administratioun, dass een do soll virgesinn, nëmme eemol hin an hier ze fueren, well dat soss och ëmmer alles an d'Längt gezu gëtt.

Interessant war och, dass d'Ministesch eis gesot huet, dass am INAP, wou jo d'Formation vum de Statsbeamten ass, e ganz Kapitel an och ganz vill iwwer Simplification administrative ënnerriicht gëtt. An do huet d'Ministesch gesot, dass een eréischt no der Introduction vun all dëse Mesuren a wann dës Mesuren all gräifen da vläicht kann nodenken, esou eng Autosanction virzugesinn.

Ech erlabe mer, nach eng perséinlech Remarque ze maachen. Mir kucke jo säit dem Lisbon-Vertrag als national Parlamentar och ganz vill europäesch Dokumenter, Proposition-de-directiven an esou weider, an un deenen Dokumenter hänkt ëmmer en „impact assessment“ drun. Et ass meeschtens a Form vun engem SEC-Dokument, an deen „impact assessment“, dee beäntwert ganz vill Froen. Et ass e Standardformular, deen ausgeschafft gëtt.

A wéi ech meng Noten duerchgekuckt hunn, wéi d'Ministesch bei eis an der Kommission war, dunn hunn ech gesinn, dass se eis och geschwat huet, dass och an der Regierung Fiches d'évaluation d'impact gemaach ginn. Déi Fiches d'évaluation d'impact si ganz interessant, an ech hunn dunn emol versicht, mech e bëssen do ze renseignéieren, wéi esou eng Fiche d'évaluation d'impact géif ausgesinn.

Do si ganz interessant Froen, déi opgeworf ginn, zum Beispill: «Le projet prévoit-il une autorisation tacite en cas de non-réponse de l'administration?» Da gëtt do ugekräizt: «oui» oder «non». «Le Projet contribue-t-il en général à une simplification administrative?» «Oui» ou «non» mussen dann do ausgefëllt ginn.

**(Interruption)**

Zum Beispill: «Des heures d'ouverture de guichet, favorables et adaptées aux besoins des destinataires (...)», an esou weider. Ech mengen, dat ass eng interessant Saach. An ech mengen, d'Europäesch Kommission, wa si mat legislative Propositionen erauskommen, hänke si déi „impact assessments“ hannendrun, genausou wéi se d'Fiche financière drunhänken.

Mir kréie bei eise Gesetzgeber eng Fiche financière drun. Et ass eng Fro: Wäer et net vläicht méiglech, wäer et net interessant, wa mer och kéinten un de Projeten nom Exposé des motifs vläicht eng kleng Note zu där Évaluation d'impact kréien? Ech mengen, wat mer méi Wëssen deelen zwëschen Regierung a Chamber, wat mer besser Gesetzgeber maachen. Ech wär frou, wann d'Ministesch mer dozou eng Äntwert kéint ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e wichtege Sujet, deen och vum Médiateur an der Kommission an och vu meng Virriedner ugeschwat ginn ass, ass och dee vun den Interessekonflikter, déi kënnen entstoen, wann ee Gemengeconseiller ass oder Gemengesekretär oder Receveur, wann ee bedeelegt ass u wichtigen Décisionen, déi engem kéinte perséinlech Virdeeler bréngen.

Et ass och schonn hei gesot ginn, dass den Ausléiser vun dëser Fro Plainte vu Privatleit waren, déi der Meenung waren, dass eenzel Conseillere am Kader vun enger Ännerung vum PAG net korrekt gehandelt hätten.

Ech wëll e bësse méi allgemeng op de Problem vun den Interessekonflikter agoen. D'Zilsetzung ass ganz einfach ze verstoen. Et geet drëms, vu vireran Situatiounen ze vermeiden, wou e Conseiller an de Verdacht géif kommen, seng Privatinteressen iwwert den öffentliche Interesse ze stellen.

D'Gesetz gesäit vir, dass de betreffende Conseiller an esou Fäll net un der Diskussion an um Vote deelhëlt. Doriwwer aus gëtt et eng Rei vun Inkompatibilitätsbestimmungen, déi festleeën, dass Leit, déi grondsätzlech en Interessekonflikt kéinten hunn, quer net kënnen e Mandat als Conseiller unhuelen. De Prinzip ass onëmstridden, well et jo ganz wichteg ass, dass d'Muechtpositionen net mëssbraucht ginn an den einfache Bierger ka Vertrauen an d'Politik hunn.

Wéi gesäit dat dann an der Praxis aus? Déi heefegst Fäll, wou e Verdacht kann entstoen, dass e Conseiller sech selwer Virdeeler verschafft, betreffen de Rekrutement vu Personal, d'Vergi vun Opträg vun der Gemeng oder d'Reclasséiere vun Terrainen. Dat si klassesch Situatiounen, wou e Benefiss ka gemaach ginn a wou e Conseiller senge Familljememberen oder Frënn kéint eng Faveur maachen.

Bis elo hu sech déi Interessekonflikter ëmmer an eenzelne Fäll gestallt, wou de betreffende Conseiller sech ouni Problem konnt zréckzéien, wann e Vote iwwer eng Saach ze huele war, déi hie selwer oder seng Famill betraff huet.

Déi Konklusiounen, déi de Médiateur zitt, sinn och absolut an der Logik vun deem, wat bis elo ëmmer gegollt huet. Wien en Interessekonflikt huet, kann net un enger Décision deelhuele. Et gouf vläicht eng gewëssen Onsicherheit, ob

dat och am Fall vun engem neie PAG géif gëllen. Mä d'Gerichter hunn dat jo eendeiteg tranchéiert.

Firwat ass et trotzdeem hei eng Diskussion wäert? Ma ech mengen, zum engen, well mer d'Problemer an nächster Zäit risquéiere méi oft ze hunn. Mir wëssen, dass all d'Gemengen amgang sinn, nei PAGen ze maachen. Et läit an der Natur vun der Saach, dass d'Conseillere all um Territoire vun der Gemeng wunnen, also all direkt vum PAG betraff sinn, och wann net jiddwereen e Virdeel dovun huet.

Wann dann och nach all d'Familljemembere bis zum drëtten Grad derbaikommen, muss jiddwereen genau préiwen, ob en un deem Vote kann deelhuele oder net, zemoos, well d'Gemengen iwwert de Pacte logement elo och ënner Drock stinn, nei Bauzonen auszuweisen an innerhalb vun den Uertschaften d'Baudicht ze erhéien.

E Virdeel, iwwert deen hei nach net geschwat ginn ass, ass deen, fir näischt ze veränneren an enger Bauzon, net auszeweiten, obwuel et urbanistesche Sënn géif maachen, well et vläicht fir ee Conseiller méi agréabel ass, dass hanner sengem Gaart oder hanner sengem Haus net gebaut dierf ginn.

De juristesche Problem, deen de Médiateur uschwätzt, léisst sech zwar relativ lichter léisen, andeem de Minister d'Gemengeconseillere nach eng kéier drop opmierksam mécht, dass se genau oppasse mussen, fir all Interessekonflikter ze vermeiden. An der Praxis läit et awer weiderhin un der Integritéit vun eise Conseillere, fir d'Muechtpositionen net auszenotzen.

D'Approche, fir all méiglech Interessekonflikter vu vireran auszuschléissen, huet hir Limiten. Grad an de Gemenge gi jo Leit gewielt, déi gutt an hirer Gemeng integréiert sinn, déi an de Veräiner aktiv sinn, deenen hir Famill do wunnt an déi do Frënn hunn an deene Gemengen. Wann déi Gewielten net integer sinn, hu se ëmmer d'Méiglechkeet, engem Kolleeg e Virdeel ze verschafen.

Ganz däitlech weise sech déi Limiten, wa mer driwwer schwätzen, dass eng bestuete Koppel net kann am Gemengerot sinn, awer déi, déi gepacst ass, jo. Och wa mer déi Inkohärenz aus dem Gesetz huelen, kënnen Leit, déi einfach nëmme zesumme wunnen, am Gemengerot sinn. D'Gesetz kann einfach net all Forme vu soziale Relatiounen erfassen an doraus entstehend Interessekonflikter ënnerbannen.

Wa mer ze stur an der Approche weiderfueren, leeft et drop eraus, dass mer um Enn immens vill Leit vun Décisionsprozesser ausschléissen, dass et ganz schwierig gëtt, fir d'Gemengewahle genuch Kandidatinnen a Kandidaten ze fannen, déi all Deeler vun eiser Gesellschaft representéieren.

Dofir ass d'LSAP och net derfir, fir esou Inkompatibilitäte systematesch auszudehnen. Wann een an där Logik weiderfiert, misst ee ganz vill Leit ausschléissen, well jiddwereen huet iergendwou en Intérêt.

Wéi mer am Februar d'Gemengen- an d'Wahlgesetz geännert hunn, hu mer och missen agesinn, dass et an der Praxis kee Sënn mécht, all d'Fonctionnaires, déi de près ou de loin kéinten Afloss huelen op d'Gemengepolitik, vun engem Mandat auszuschléissen.

De Problem vun den Interessekonflikter ass awer ganz reell. Ech sinn der Meenung, dass, wa mer méi grouss Transparenz hunn, dat genausou preventiv ka wierken, wéi allméiglech Inkompatibilitätsbestimmungen.

An deene klengen Dierfer, wou jiddwereen jiddwereen kennt, do weess ee souwisou, wie mat wem Kolleeg ass a wéi d'Besëtzer- an d'Familieverhältnisse sinn. Vläch muss een dat formaliséieren. Wa mer d'Gemengegesetz nach eng kéier emol ofänneren, misst ee vläch driwwer nodenken, ob ee bestëmmten Informatiounen als Conseiller net misst ofleeën. Et läit da bei de Wieler ze decidéieren, ob se där betreffender Persoun et zoutrauen, am beschte Sënn vum öffentlichen Interesse ze handeln.

Deen drëtten Sujet, dat war d'Recommandatioun N°38 vum Médiateur a Saache Reclassement. Dat war dee Sujet, mat deem mer eis am meeschte beschäftigt hunn. D'Fro vum Reclassement interne et externe am Fall vun enger Incapacité de travail fir dee leschte Posten an all d'Prozeduren, déi domadder zesummenhängen, ass ganz komplex. Et ass e ganz komplexen Dossier.

Ech wëll drun erënneren, dass d'Gesetz iwwert d'Incapacité de travail am Joer 2002 gestëmmt gouf an néideg ginn ass, nodeems opgrond





vun enger Jurisprudenz aus dem Joer 1996 d'Invaliditéit vill méi restriktiv a strikt bewäert ginn ass. Deemno gouf zënter deem Zäitpunkt d'Invaliditéit net nëmme par rapport zu där leschter Aarbechtsplaz ageschat, mä zum ganzen Aarbechtsmaart.

Dat heescht, och wann en Assuré aus gesondheetleche Grënn net méi kann op senger leschter Aarbechtsplaz schaffen, gëtt et dacks um Aarbechtsmaart eng ganz Rei vun aneren Aarbechten, déi dëse Salarié maache kéint. Dee Salarié kann also zënter där besoter Jurisprudenz net méi als Invalid ugesi ginn, mä just als Salarié mat enger Incapacitéit fir säi leschte Posten, a sollt entweder intern bei sengem fréiere Patron oder extern bei engem anere Patron reclasséiert ginn. Dat heescht, hie sollt eng nei Aarbecht kréien, déi senge verbleiwende Capacitéiten entsprécht.

Dat war dat erkläertent Zil vum Gesetz iwwert de Reclassement. An der Praxis ass dat awer net ëmmer esou einfach, an dat aus ville Grënn. Jiddefalls gouf d'Législatioun iwwert de Reclassement schonn eng Kéier am Joer 2005 iwwerschafft, an och elo si weider Verbesserungsvorschläi an der Maach. Dat hunn eis de Minister vun der Sécurité sociale an och den Aarbechtsminister matgedeelt. An déi geplangte Reform vum Reclassement an der Réinsertion professionnelle soll de Kritike vum Médiateur esou wäit wéi méiglech Rechnung droen.

Ee vun de Problemer ass d'Dauer vun de Prozeduren. An dat net nëmmen, well kee gären ze laang waart, bis e weess, wou en drun ass, mä och a virun allem, well an deem Kontext nämlech och den Délai leeft vun 52 Woche Krankeschäin an enger Referenzperiod vun 104 Wochen. Duerno leeft den Aarbechtskontrakt of. Et ass sécher sënnavoll, fir bannent där Period eng Décisioun ze hunn.

D'Accélération vum de Prozeduren ass sécher e wichtege Punkt, a mir freeën eis, dass d'Ministeren dat ugeschwat hunn. An deem Kontext krute mer och gesot, dass an Zukunft geplangt ass, dass de Service de santé au travail an d'Commission mixte gläichzäiteg solle mat der Demande de reclassement saiséiert ginn. D'Fro bleift awer, wien d'Commission mixte ka saiséieren an ob et net sënnavoll wär..., ob de Salarié dat net och kéint mat sengem Dokter maachen.

De Médiateur ass, wéi gesot, zweemol zrëckkomm an d'Kommissioun. Mir haten en och den 3. Mee nach eng Kéier do. An ech muss soen, ech hunn do direkt, wéi de Procès-verbal vun där Sitzung vum 3. Mee komm ass, wou et ëm de Recours gaangen ass..., wou de Médiateur wierklech net zefridde war mat den Aussoe vun de Ministeren - et huet just de Recours ubelaangt, all déi aner Aussoen, déi ech elo zitéiert hunn, wat jo positiv Mesuré sinn, déi hu mer all begréisst an der Kommissioun - mä wat de Recours ubelaangt, do gesäit de Médiateur nach Problemer.

Ech hunn dunn dem Minister de Procès-verbal vun där Réunioun vum 3. Mee geschéckt an ech war ganz frou, wéi e mer gesot huet, dass en den Otrag ginn huet bei senger Leit, déi Fro nach eng Kéier op de Métier ze huelen. Ech mengen, mir wäerten dat dann als Petitiounskommissioun suivéieren.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Marc Angel. An als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR). - Merci, Här President. Fir d'Éischt muss ee begrëssen, dass et hei am Land e Médiateur gëtt. Well, wann een d'Zuel gesäit vun deene Recoursen, deenen Mandanten, déi d'Bierger un hie riichten, da gesäit een, dass et wichteg ass, dass alleguerten d'Bierger, déi eng Schwieriegkeet hunn an der Applikatioun vun engem Gesetz, an de Relatioun mat den Administratiounen, dass se heiansdo eng kleng Hëllef kréien. Den „guichet.public.lu“ geet net onbedéngt do an deem Kontext duer.

Et ass also eng ganz positiv Aarbecht, déi hei gemaach gëtt am Intérêt vun de Bierger. Mä et gesäit een awer och, dass et eng ganz grouss Komplexitéit vu Problemer gëtt, verschiddener si reng spezifesch a ganz individuell, wat een nennt Exceptionsfäll, an e puer aner Saachen, déi si méi allgemenger Natur.

Ech wëll op déi méi allgemeng Problemer agoen an der e puer dovunner ervirsträichen. Eppes ass e Leitfaden an de Recommandatiounen a Rapporten, déi et vu Säite vum Média-

teur gëtt, dass ass d'Lenteur administrative, d'Complexité administrative. Et gëtt ëmmer dovunner geschwat, dass et soll eng Réforme administrative ginn, dass et soll méi séier a besser ginn. An dann heiansdo kritt een och déi eng oder déi aner Mini-Antwert, mä fundamental huet sech näischt geännert!

An et gesäit een, dass, wann iergendwou ee Fonctionnaire eng Kéier an d'Vacanz oder an d'Pensioun geet oder krank gëtt, da kënnt et op eng Kéier vir, dass eng ganz Administratioun net méi funktionéiert oder schlecht funktionéiert an dass et Schwieriegkeete gëtt. An do ass natierlech den individuelle Minister responsable, fir ze kucken, dass hie mat senger Leit déi Administratioun nees an de Grëff kritt an nees do un d'Funktionéiere kritt.

Mir selwer och als Législateur si responsable duerfir, fir verschidden Initiativen ze huelen um legale Gebitt. Mä ech géif awer soen, dass mer ee Prinzip zrëckbehalen sollten, dass ass dee vun der Autorisation administrative tacite, déi mer sollten zrëckbehalen an den Administratiounen, mat där Ausnahm natierlech, dass deen Abléck, wou d'Bierger Rechter hunn, fir Recours anzeleeden, oder wou de Justiciable oder soss een d'Méiglechkeet huet, fir e Recours anzeleeden, dass een dat natierlech muss ausserhalb vun deenen Délais kënnen a mussen regelen. Mä de Prinzip sollt awer dee si vun der Autorisation tacite, well doduerjer gëtt d'Administratioun, doduerjer gëtt de Ministère obligéiert, fir och ze kucken, dass seng Servicer uerdentlech funktionéieren.

Déi zweet Problematik, generell Problematik, déi mer wichteg schéngt, dass ass déi vun der Jurisprudenz vun der Sécurité sociale. Dat ass elo eng Geheimwëssenschaft. Do gi geheim Uerteeler geholl. Öffentlich gëtt gesot, si ginn an Audience publique geholl, mä e gudden Deel vun deenen Décisiounen ginn niergendwou publizéiert! Déi eenzeg, déi ee gesäit, déi publizéiert ginn op engem Internetsite vun enger Administratioun, dat sinn déi, déi en faveur si vun der Administratioun. Déi, déi en défaveur sinn, déi komme gewëss dach do op déi Siten!

An ech mengen, do verlaange mir als ADR, dass d'Regierung hiegt an en Internetsite mécht, wou all d'Jurisprudenzen en matière vu Sécurité sociale publizéiert ginn. Dat geet beim Tribunal administratif. Dat misst also och bei der Sécurité sociale gien!

Dann hu mer eng Problematik, déi schonn zënter Joren dauert an déi ech net midd ginn zënter enger gudder, zënter zwou Legislaturen elo ze diskutéieren: Dass ass déi Diskrepanz vun de Montanten, déi saiséiert kënnen ginn um Niveau vun de Saisies-arrêts a bei engem Bénéficiaire vum RMG.

Déi Persoun, déi en RMG kritt, déi Famill, déi en RMG kritt, déi huet e Revenu, deen net ka saiséiert ginn. Wann awer elo eng Persoun schafft a si huet e Revenu, fir hir Famill ze ernieren, dee Revenu ass méi niddreg, et kann also méi saiséiert gi wéi beim RMG. Fir dat a klore Chifferen auszudrécken: Esou kann zum Beispill e Revenu brut op den 1. Januar 2011 mam RMG plus Immunisation, 1.627,54 Euro, kënnen net saiséiert ginn, bei enger Persoun, géigeniwwer 1.260 Euro, déi kënnen saiséiert oder cesséiert ginn. Dat mécht eng Differenz vu bal 400 Euro, an dat pro Mount!

Fir alleguerten déi Leit, déi an där Situatioun sinn, ass dat e ganz staarken Ënnerschied. Dat ass e ganz wichtege Ënnerschied. A wann déi Persoun dann och nach e puer Revenus supplémentaires huet weinst Kanner, gëtt déi Diskrepanz vu 400 Euro nach méi grouss. Do muss eppes geschéien!

D'Regierung hat op Basis vu mengen Interventionen, déi viregt Regierung hat e Projet de loi ausgeschafft a si hat 2002 décidéiert, e Règlement grand-ducal ze huelen, fir déi Tariffer ze adaptéieren no uewen. Déi nei Regierung, den neie Justizminister huet gesot, et kéim en neie Projet de loi, well deen Éischte vu sengem Virgänger net gutt wier. Mir waarden nach ëmmer drop!

Wat méi schlëm ass, dass ass, dass dee Règlement grand-ducal vun 2002, deen d'Montanté fixéiert, déi kënnen saiséiert ginn, zënter 2002 net méi adaptéiert ginn ass. Doduerjer hu mer déi Situatioun, déi mer elo kennen, dass heescht, dass eng Persoun, déi Saisiën huet aus iergendengem Grund, besser huet, all Aarbecht opzehalen an den RMG ze froen, dann huet se méi Suen iwwreg, wéi wa se weider schaffe geet. An dat ass fundamental falsch, dass ass schlecht!

Ech mengen, dass et hei scho richtig ass, dass de Médiateur dat dote condemnéiert huet an d'Regierung opgefuerdert huet, grad wéi och déi zoustänneg Kommissioun, dass hei misst dréngend eppes geschéien. Mä et geschitt näischt. Leider!

Da muss een och déi gutt Aarbecht ervirsträichen, déi gemaach ginn ass, wat d'Problematik

ugeet vun de Reclassementen vu Leit, déi krank sinn, oder wou ugehall gëtt, dass se krank sinn, bei kleng Betriber. De Rapporteur an och meng Virriedner hunn déi Problematik scho gutt illustréiert. Ech mengen och hei, dass den zoustänneg Minister gutt berode wier, fir esou séier wéi méiglech kënnen e Projet de loi ze déposéieren, dee mer hei kéinten an der Chamber huelen.

À moins, dass et e Règlement grand-ducal ass. Ech gleewen et net, mä et muss héchstwahrscheinlech iwwer e Gesetz goen. Well et ass eng Problematik, déi vläicht nure wéineg Leit concernéiert, mä déi awer an der Zuel méi oft geet. Duerfir schéngt et wierklech eng positiv Nouvelle, dass d'Regierung wëllt op dee Wee goen.

Mä ech mengen awer och, dass een da muss esou séier wéi méiglech, wa méiglech nach an dësem Joer, dee Projet de loi kënnen diskutéieren, fir dass mer méi Enkpäss, méi Schwieriegkeete bei eenzelne Saachen, bei eenzelne Persounen kënnen verhënneren.

En anere Punkt an der Debatt ass dee vun de Conflits d'intérêts vu Membere vum Gemengerot mat deem, wat an der Gemeng geschitt, mat dem Urbanismus haaptsächlech. Ech muss do éierlech soen, dass déi Problematik natierlech richtig an der Diskussioun ass. Mä ech sinn awer och der Meinung, dass se net onbedéngt ganz einfach ze léisen ass.

Well, wann ee wëll all d'Hypothesen duerkucken, déi et gëtt, da muss ee sech d'Fro stellen, ob een an engem Gemengerot kann iwwer e PAP ofstëmmen oder ob e Buergermeeschter kann eng Autorisation de bâtir ginn: Wann et een ass aus senger Famill, wann et een ass, deen e gutt kennt, wann et an deem Betrib ass, an deem e schafft oder deen em vill Aarbecht gëtt a sengem beruflechen Dëngen. Bref, do gëtt et eng Komplexitéit, déi ganz grouss ass.

Ech géif soen, dass hei effektiv déi Prinzipien, déi allgemeng gëlle vum Conflit d'intérêts, dass déi och sollen hei gëllen an dass mer roueg kéinten déi Suggestioun, déi hei gemaach ginn ass, fir Sanctions pénales virzegesi bei Korruption, bei Avantage, bei Conflits d'intérêts, dass een déi sollt am Prinzip festhalen.

Well et gesäit een a Frankräich zum Beispill, wou et jo als Beispill geholl ginn ass, dass dat net dozou gefouert huet, dass näischt méi geschitt, mä dass vill méi Saachen opgedeckt ginn an an d'Diskussioun kommen. Et ass dat, wat erlaabt, fir méi Kloeerheet ze schafen. Ech huelen och un, dass déi allermeeschte Leit aus de Gemengeréit deen Abléck, wou se d'Impressioun hunn, dass en Interessekonflikt kéint bestoen, dass se deen Abléck drop verzichten, fir um Vote deelzehuelen.

Nach misst och virgesi sinn, dass e Buergermeeschter, deen eng Autorisation muss ginn, dat kann an esou Fäll un en Drëtten delegéieren, e Member aus dem Schännerot, fir och do aus Konfliktsituatiounen erauszekommen.

Dat gesot an deene puer Minutten, déi mer zur Verfügung stinn, wëll ech nach eng Kéier déi gutt Aarbecht ervirsträichen, déi de Rapporteur a seng Équipe do gemaach hunn. Mir hoffe just nuren, dass d'Regierung déi puer Haaptproblemer, déi ech elo diskutéiert hunn, an och déi, déi d'Kommissioun diskutéiert huet, dass se déi wäert an den nächste Méint seriö ugoen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Henckes. Domadder wier ech um Enn vun eiser Riednerlécht. Da géif elo d'Regierung d'Wuert kréien. Ech gesinn do verschidde Ministere setzen. Wie fänkt un? Den Här Gesondheitsminister? Den Här Aarbechtsminister?

D'Madame Kulturministesch fänkt un. Madame Kulturministesch, da kritt Dir d'Wuert. Neen, den Här Aarbechtsminister!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.* - Här President, ech wëll fir d'Éischt och emol dem Ombudsmann Merci soe fir déi Aarbecht, déi en all Joer mécht. Ech mengen, dass ass eng Aarbecht, déi extrem wichteg ass fir de Fonctionnement vum Stat, fir e bessere Fonctionnement vum Stat. An ech kann natierlech nëmmen déi Meinung deelen, dass déi Recommandatiounen, déi gemaach ginn, natierlech och müssen iergendwéi an d'Praxis ëmgesat ginn. Dass ass absolut richtig. Soss hätt dat jo kee Sënn.

Dat Zweet, ech wëll och dem Rapporteur Merci soe fir déi synthetesch Aarbecht, déi e gemaach huet. Mir hate jo schon am Rahme vun enger Rei vu Kommissiounen Échange-de-vueen iwwert déi verschidde Punkten. Och do, mengen ech, dass dat eng ganz utile Démarche an eng ganz utile Aarbecht.

Ee Wuert iwwert de Reclassement. Ech mengen, dass ass een Thema, wat jo och ugeschnidde

ginn ass, souwuel natierlech am Rapport vum Ombudsmann, mä besonnesch och am Rapport vun der Chamber. Mir schwätzen hei iwwer e grouss Problem. E Problem, dee praktesch 4.000 Leit am Land ugeet. Dass sinn nëmmen déi Leit, déi extern reclasséiert sinn. A wann ech also kucken, wéi d'Croissance vun der Zuel vun deene Leit ass: Mir hu praktesch pro Joer 500 Leit méi am Reclassement externe. Do gesäit een also eng Tendenz, déi grouss ass, déi steigend ass.

Dat explizéiert d'ailleurs och zum Deel ons Croissance oder zumindest d'Netzréckgoe vum Chômage. Well 16,5% vun onsen Demandeurs d'emploi si Reclassés externes. A mir wëssen alleguerten, Reclassé externe heescht, Laangzäit-chômeur ginn. Dat heescht, wann ech eemol am Reclassement externe sinn, da ginn ech nach ëmmer enregistriert wéi en Demandeur d'emploi an ech komme kaum aus deem Reclassement externe eraus.

An dat ass jo dat, wat mer elo wëllen änneren. Do ass also deen Éischte Punkt, fir ze kucken, dee jo och ugeschnidde ass vum Ombudsmann, vum Médiateur, fir ze kucken: Wéi kënnen mer deene Leit besser hëllefen, fir erëm zrëck an den Aarbechtsprozess ze kommen, à condition, dass se nach kënnen an den Aarbechtsprozess zrëckkommen? An zesumme mam Gesondheitsminister wäerte mer ufanks nächste Mount dem Comité permanent du travail et de l'emploi - wann ech dat elo richtig gesot hunn - e Projet de loi virstellen, oder en Avant-projet de loi virstellen, deen op déi do Fro äntwert.

Dat heescht, mir mussen probéieren, d'Leit ze encouragéieren, éischstens, erëm an den Aarbechtsmaart zrëckzekommen. Dat kënnen mer nëmmen dann, wa se de Risque net hunn, hire Statut vum Reclassement ze verléieren, wa se eigentlech eng nei Aarbechtsplaz unhuelen. Do läit dee gréisste Problem. Dat heescht, wann d'Leit eng nei Aarbechtsplaz unhuelen, da verléiere se de Statut. Also, wat maache se? Si maachen alles, fir eigentlech keng nei Aarbechtsplaz unzehuelen. Dass ass also dee wichtegste Punkt, dee mer wëllen an deem Projet de loi änneren.

Dat Zweet ass natierlech dat, wat ugeschnidde ginn ass: Dass ass den Droit vun de Leit, géint eng Décisioun vum Médecin du travail oder vum Contrôle médical eventuell Recours ze maachen. Dat kucke mer. Do hu mer jo och eng Jurisprudenz. Mir hunn eng Jurisprudenz an deem Beräich. A mir kucken also, wéi mer och deem Problem besser kënnen entgéintwieren, dass eben effektiv, wann eng Décisioun geholl ginn ass, och een, deen Objet vun där Décisioun ass, och kann eventuell déi Décisioun ufechten.

Dat sinn déi zwee grouss Punkten, déi mer och an deem Gesetz wäerten ugoen. Derbäi kënnt natierlech d'Prozedur. D'Prozedur ass heiansdo laang. Ech hunn Iech virdru gesot: 500 Leit am Joer. Dat heescht fir déi Kommissioun vill Aarbecht. Dat heescht natierlech och fir de Contrôle médical vill Aarbecht. Mä mir probéieren natierlech och mat den Entreprises, dee Problem besser ënner Kontroll ze kréien.

Ech mengen, mir hunn e bëssen esou d'Gefill, dass de Reclassement, besonnesch de Reclassement externe esou eng gewësse Form ginn ass, fir d'Leit aus dem Aarbechtsprozess erauszedrécken. An ech mengen, dass heescht, dass mer och mussen mat den Entreprises souwuel iwwert de Reclassement externe wéi besonnesch iwwert de Reclassement interne diskutéieren, fir dass déi Mesure, déi jo gutt ass, och nëmmen applizéiert gëtt, wa se wierklech noutwendeg ass a wa keng aner Alternativ sech ubitt.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Aarbechtsminister. An elo den Här Gesondheitsminister.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Sécurité sociale.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech mech deene Wiedereschléisse betreffend déi gutt Zesummenaarbecht mam Médiateur a wäertvoll Aarbecht vum Médiateur. Och an der Praxis, mengen ech, kann ech soen, dass déi Zesummenaarbecht op enger ganz fairer Basis baséiert an ech mer och wënschen, dass dat an Zukunft esou ka weidergoen.

Ech wëll just punktuell op e puer Punkten agoen, déi am Rapport vun der Kommissioun an och hei vun de Kollegen opgeworf gi sinn. Éischstens, fir den Accès à l'information - Jurisprudenzen -, wat eng gutt Suggestioun ass, si mer amgaangen, e System opzebauen, wou ee jiddwerzäit iwwer e gemeinsame Portail déi lescht Jurisprudenz ka konsultéieren. Mir ginn e Schrack méi wäit, ënner anerem och am Zesummenhang mat der Direktiv «Soins transfrontaliers», fir e regelrechte Point focal opzebauen fir d'Patienten, dee soll ugesiedelt gi bei der Gesondheetskeess.





Ugeschwat ginn ass och d'Formation continue vun den Dokteren. De Médiateur huet suggéiert, dass dat systematiséiert muss ginn. Ech gesinn dat och esou. A bei där nächster Reform vum Dokteschgesetz wäerte mer zesumme mam Terrain derfir suergen, dass mer déi Formation continue, déi eigentlech eng Evidenz misst sinn, systematiséieren an dass mer och e Lien mat dem Droit d'exercer oder mat der Continuation vum dem Droit d'exercer wäerte strécken.

Den Nicolas Schmit huet quasi alles gesot iwwert de Reclassement professionnel. Ech mengen, et muss een ëmmer drop insistéieren, dass dee System vum Reclassement, wéi mer en hei zu Lëtzebuerg hunn, en unguet Netz duerstellt. Et kann ee selbstverständlech iwwer all méiglech Detailer schwätzen, mä de System vum Reclassement huet niewent deene Lourdeuren, déi e kann hunn, awer ganz ville Leit gehollef, fir kënnen opgefaangen ze ginn. Mir hunn, wéi gesot, de Gesetzesprojet, fir d'Gesetz ze revidéieren, an der Maach. A mir hunn eis d'Deadline gesat, fir déi éischt Konsultatioun mat de Sozialpartner ugangs Juli ze maachen.

Ee wichtegt Element iwwregens ass de regelrechte Statut fir de Reclasséierten, fir deen, dee bereet ass, aus engem Reclassement externe en Job unzuhuelen, fir deen, wann dat net sollt klappen, net virum Näischt stoen ze loossen an erëm kënnen opzefänken. Deen heitege System vum Reclassement externe ass heiansdo décourageant, fir iwwerhaupt en Job unzuhuelen, well wann een een unhält an et geet net, da steet ee méi schlecht do, wéi ee virun drun dostoung.

De Médiateur huet op d'Nécessitéit vun enger Reform vum Contrôle médical higewisen. De Contrôle médical an d'Sécurité sociale gesinn dat ähnlech. An deene leschte Jore gëtt et eng Rei vu Modeller, déi entstane sinn an Nopeschlänner, a mir sinn amgaangen, eis déi Modeller unzekucken, fir kënnen dem Contrôle médical eng méi modern Gesetzgebung ze ginn.

Ugeschwat ginn ass och eng méiglech Surcharge de travail vun den Aarbechtsmedeziner. Dat ass net falsch an eenzelne Situatiounen. Ech muss allerdéngs soen, dass et ëmmer méi schwéier gëtt, an den Administrations publiques an am assimiliéierte Secteur Spezialiste respektiv déi Spezialisten, déi Aarbechtsmedeziner a Medeziner insgesamt, kënnen ze rekrutéieren, well d'Konditiounen, déi de Stat oder den assimiliéierte Secteur bidden, wesentlech méi schlecht si wéi d'Konditiounen am Privatsektor fir privat, liberal exercéierend Medeziner.

Mir hunn de leschte Freideg d'Reform vum LNS duerch de Regierungsrat geholl gehat. Eng vun den Ursachen, firwat dass mer déi Reform hu misse maachen, ass, dass mer zu deene Konditiounen, déi bis elo bestinn, net méi déi Leit kréien, déi mer brauchen, fir eng héich spezialiséiert Aarbecht ze maachen.

Also, et soll ee sech iwwerleeën, dass, wann de Stat respektiv déi assimiliéiert Secteuren déi Leit brauchen, se och mussen deene Leit déi Konditiounen bidden, déi op anere Plaze gebuede ginn.

E lescht Wuert just nach iwwert d'Suggestiounen, fir eng Ulafstell, eng Mediationsplaz fir Patiente kënnen ze garantéieren. Dir wësst - d'Chamberskolleegen aus der Chamberskommission vun der Santé wëssen -, dass mer en Avant-projet de loi finaliséiert hunn iwwert d'Droits des patients, e modernt Patienterechts-gesetz, wou ee Volet d'Mediation ass, déi mer ulagere wëllen um Niveau, an den Donstrees vun der Santé, a wou mer darselwechter Meinung si wéi de Médiateur, dass et net nëmmen drëm geet, fir eng national Struktur ze schafen, mä dass ee bei deene groussen Institutione wéi de Spideeler eng jeeweileg Ulafplaz muss schafen, fir dass deen Dialog tëschent de Professionnels de santé an de Patiente klappt an dass net deen eenzege Wee, deen iwwreg bleift, deen ass, fir viru Geriicht ze zéien.

Et ass d'Suggestioun och komm, fir eng Indemnisation sans faute ze envisagéieren. Do zitieren ech e Regierungsprogramm. De Regierungsprogramm gesäit net vir, dass mer déi Indemnisation an dëser Period maachen, mä mir hunn awer festgehalten, dass mer déi Modeller studéieren, fir eis kënnen drun ze inspiréieren. Et gëtt där net schrecklech vill: Et gëtt der am skandinavesche Raum, d'Belge waren drop an drun, een ze maachen, mä dat ass net esou duerchgefouert ginn, wéi et sollt duerchgefouert ginn. An en entsprechende Modell besteet och a Frankräich, mä do sinn d'Indemnisation ganz, ganz, ganz bescheiden; sou dass ee sech un dem skandinavesche Modell kann inspiréieren, mä dat wäerte mer an nächster Zäit ugoen.

Voilà, dat zu deene Beräicher, déi ugesprach gi sinn aus deene Ressourcen, déi mech betraff hunn.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Opmierksamkeet.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gesondheetsminister. Elo kritt nach zum Schluss d'Wuert d'Madame Kulturministesch Octavie Modert.

► **Mme Octavie Modert, Ministre à la Simplification administrative auprès du Premier Ministre.**- Merci, Här President. Et ass allerdéngs net a menger Qualitéit als Kulturministesch, wou ech hei sinn. Mä ech weess, dass et heiansdo schwierig ass, wann een ze vill - wahrscheinlech - ze doen huet, fir ze wëssen, a wéi enger Fonctioun...

(*Interruption*)

Neen, emol net. Als Ministre à la Simplification administrative.

► **Une voix.**- Ah jo!

► **Mme Octavie Modert, Ministre à la Simplification administrative auprès du Premier Ministre.**- Stellt Iech dat emol vir. Vill, net!

Ech schlësse mech, Här President, de Mercien u vu menge Virriedner souwuel un de Médiateur wéi un de Rapporteur an un all déi, déi hei matgeschafft hunn, a wollt ganz kuerz agoen op de Virschlag vun enger Autosanctioun, déi de Médiateur a sengem Virwuert zu sengem Rapport vun dem leschte Joer beschriwwen huet.

D'Suerg vum Médiateur ass, dass d'Dossiere kënnen méi séier behandelt ginn. An dat ass och d'Suerg vun der Regierung. Dir wësst, dass am Regierungsprogramm vun dëser Regierung drasteet, dass mer wëlle Prinzipien aféieren, wéi zum Beispill fir ze kucken, ob een dee vum „Accord tacite“ kann aféieren, respektiv aner Elementer, déi dann dorobber erauslafen, dass en Dossier soll méi séier gemaach ginn.

Duerfir sinn ech och der Meinung, dass dee Virschlag vun der Autosanctioun där Zilsetzung net Satisfaktioun géif ginn, well et nawell näischt géif ausmaachen, oder net genuch, fir dass d'Dossiere méi séier behandelt géife ginn. An dat ass, mengen ech, eis gemeinsam Suerg, wou mer wëllen drop erauskommen.

Duerfir war mäi Virschlag jo och an der Chamberskommission, fir aneschtens virzegoen a fir aner Elementer anzeféieren, aner Prinzipien, déi deem géife Rechnung droen. Besser ass et nämlech, fir méi strikt Délaien anzeféieren. Besser ass et nämlech, dass déi Délaie mussen agehale ginn, a besser ass et nämlech och, fir ze soen: D'accord, ganz dacks ass d'Ursaach, dass den Dossier net séier genuch virugeet bei der Verwaltung, déi, dass den Dossier net komplett ass. Also kann een natierlech a muss een natierlech och zousätzlech Informatiounen froen, mä dat nëmmen emol.

An un deenen Texter sinn ech amgaangen ze schaffen, well ech wollt waarde bis, wéi elo kierzlech geschitt, d'Gesetz iwwert d'Emsetzung vun der Direktiv «Services» heibanne gestëmmt ginn ass an elo kierzlech a Kraaft getrueden ass, an och bis dat neit Gesetz iwwert de Kommodo wäert gestëmmt sinn.

Firwat? Well mir nämlech an deenen zwee Texter schonn zesumme mat de Fachministere dru geschafft hunn, fir esou Prinzipien anzeféieren; an natierlech net hei eppes aneschtens schreibe wéi do eventuell och schonn - de Statsrot huet jo seng Avisen dozou ginn -, dass mer deem och kënnen Rechnung droen. Et huet jo kee Sënn, fir zweemol d'Aarbecht unzefänken. Mir waarden, bis déi Texter do gestëmmt sinn, fir dann och mat eisen Texter erauszekommen.

Ech mengen also, dass et vill méi wichteg ass, dass d'Délaie respektéiert ginn, dass d'Délaie méi kuerz ginn, dass se iwwerhaupt emol agefouert ginn an dass se contraignant agefouert ginn, fir dem Demandeur Satisfaktioun ze ginn.

Do derno - hunn ech och gesot gehat an der Kommission, mengen ech - kann ee sech iwwerleeën, ob een, wann et sech no all deenen doten Etappen erausstelle géif, dass d'Délaien nawell ze dacks géife verpasst ginn, dann en Element géif opgräife vun der Propos, fir eng eventuell Astreinte anzeféieren.

Déi Astreinte därfer awer net derzou féieren, soe mir - well soss ass et nämlech erëm de Géigendeel, dee wäert de Fall sinn -, déi Astreinte därfer net derzou féieren, dass et just bedeit, dass entweder den Demandeur oder d'Verwaltung just nach eng Geriichtsetapp méi maache wéi déi, déi vläicht war, well dat bréngt weder dem Demandeur eppes nach dem Dossier. An ech wëll och net, dass iwwert deen dote Wee awer géif eng Déresponsabilisation vu Verwaltung kommen, well se da géife mengen: Et kënnt jo souwisou eppes aneschtens hannendrunner.

Et géif nämlech just nach heeschen, dass mer och nach parallell eng zweet Gerichtsbarkeit

géife befaassen, déi dann eng zivil wär, während den Demandeur souwisou eventuell d'Verwaltungsgericht befaasst huet, fir de Fong vum Dossier ze tranchéieren oder nei ze tranchéieren.

Dat, mengen ech - en neie Prozedurekrich - géif jo net bedeiten, dass d'Dossiere méi séier, mä méi lues géife virugoen, an duerfir denken ech, dass mer virun allem mussen dru schaffen, dass eng Obligation an eng Disposition zur gudder Zesummenaarbecht tëschent der Verwaltung an engem, deen eng Demande eragëtt, wäert de Fall sinn. An dat hu mer wëllen, an nächster Zäit och iwwer Texter nei ze regelen.

Merci villmools.

► **M. le Président.**- Merci der Ministesch fir d'Simplification administrative. Mir hu keng Motiounen zu dësem Débat, sou dass domadder d'Diskussion ofgeschloss war.

Mir kéimen dann zum nächste Punkt vun eiseem Ordre du jour. Dat ass eng Motioun vum Här Camille Gira iwwert d'Vetraulechkeetsklausel vun de Verhandlungen iwwert d'Emissionsrechter am Kader vum Kyoto-Protokoll. Hei hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Spautz a Berger. Här Gira, Dir hutt elo d'Wuert als Auteur vun der Motioun.

## 2. Motion de M. Camille Gira sur le refus de la clause de confidentialité dans le cadre des droits d'émissions négociés dans le cadre du Protocole de Kyoto

*Exposé*

► **M. Camille Gira (déi gréng), auteur.**- Merci, Här President. Léif Kolleegen a Kolleginnen, de 5. August 2010 huet d'Regierung en Ofkommen gemaach mat Estland, fir sougenannt „waarm Loft“ ze kafen, dass sinn d'Emissionsrechter fir eis, déi déi Länner am fréieren Ostblock hunn, well no 1990 hir Ekonomie zesummegebrach ass. Den Objet vun dëser Motioun ass net de Fong vun der Saach - och do géif et ganz vill driwwer ze soe ginn, ob dat sénnvoll ass, ob dat net dee ganzen Emissionshandel hannergeet -, mä eis geet et an dësem Fall an och bei der Motioun ëm eppes aneschtens.

déi gréng hate Wand kritt vun dësem Handel, an ech hunn an diverse Questions parlementaires probéiert, Informatiounen ze kréien. Den Nohaltegkeetsminister huet mer och guttwëlleg alles dat beäntwert, wat ech gefrot hunn, bis op eppes: Wéi ech de Präis wollt gewuer ginn, wat dann deen Handel do kascht, do huet e mer gesot, hie kéint mer dat net soen, well et wier an deem Kontrakt eng Geheimhaltungsklausel dran.

Elo hat ech gemengt, de Kale Krich wier eriwuer a bei normale Verträge tëschent Länner, déi alle béid an der Europäescher Union sinn, misst et schonn awer dramatesch sinn, fir dass ee Geheimhaltungsklausel misst hunn. Mä ech krut einfach keng Äntwert, an de Minister ass dunn eng Keier an d'Kommission komm an huet ënnert der Inanspruchnahm vun dem Huis clos mer dann de Präis gesot. Just fir Iech ze soen: Mir waren deen awer och an Tëschenzäit iwwer aner Weeër gewuer ginn.

Eis Motioun hu mer erabruecht, well mer dat awer an zwou Hisiichten intolerabel fannen. Et geet eis, nach eng Keier, hei elo net ëm de Fong, mä et geet eis ëm de Prinzip. Mir fannen, dass d'Parlament sech dat do eigentlech net dierft bidde loossen.

Deen éischte prinzipielle Problem, dee mer domat hunn, dass ass, dass et jo awer absurd ass, dass an engem Emissionshandel déi wichtegst Notioun an déi wichtegst Informatioun feelt, nämlech de Präis. Dir wësst, dass, wéi et drëm gaangen ass, seriö a konsequent a laangfristeg Klimaschutzpolitik ze maachen, eent vun de wichtegsten Instrumenter e maartgerecht Instrument ass: Emissionshandel.

Grad déi ekonomesch Kreesser hu jo ëmmer gesot: „Bleift eis ewech mat Uerdnungsrecht, bleift eis ewech mat Steieren, schaaft eis e Maart an da wäert de Maart schonn déi néideg Signaler aussenden. An da kënnen mir decidéieren, wéi a mat wéi enge Moyenen a mat wéi enger Technik dass mir dat Zil vun CO<sub>2</sub>-Reduktioun, wat Dir eis gitt, am ekonomeschsten, am effizientste kënnen erreechen.“

Ech weess net, wat Dir dervun haalt, Léif Kolleginnen a Kolleegen, mä et kann ee jo net op där enger Säit soen: „Sou, elo schafe mer e maartwirtschaftlecht Instrument, mir schafen eng Bourse, fir mat Zertifikater fir CO<sub>2</sub> ze handeln“, an dann ass et anscheinend gang und gäbe, dass awer déi Verträge, déi dann do zwësche Regierungen ofgehandelt ginn, geheim sinn.

Jo, wéi soll dann, léif Kolleginnen a Kolleegen, e Maart fonctionnéieren, wa kee Mënsch de Präis kennt? Duerfir fanne mir et intolerabel, dass an deem do Marché eng Geheimhaltungsklausel dran ass.

An dat Zweet geet nach méi wäit: Ech mengen, et ass eng vun de wichtegsten an den elementarsten Aufgabe vun dëser Chamber, d'Dépense vun der Regierung ze kontrolléieren. Ech menge wierklech net, dass mer hei an engem Beräich sinn, wou et ëm d'Souveränitéit an d'Sécherheet vum Lëtzeburger Land geet, an duerfir liicht et eis wierklech net an, dass ee bei esou engem ganz normale Vertrag, wou déi eng Regierung engem Emissionsrechter gëtt an déi aner der keeft, fir dann dat kënnen hei unzerechnen, dass een do eng Geheimhaltungsklausel kann hunn.

Da kréie mer vum Minister geäntwert, jo, et wier net déi Lëtzeburger Regierung, déi déi Klausel verlaangt hätt, mä et wier déi estnesch Regierung gewiescht. Dat gleewe mer och, mä dann hätte mir gären, an dat verlaangt eis Motioun, dass dann eben d'Regierung mat esou Länner, déi op déi Geheimhaltungsklausel pochen, keng Handel méi mécht.

Op jidde Fall géife mir et eng katastrophal Situation fannen, wa mer an Zukunft missten all Kéiers als Deputéiert bei d'Cour des Comptes goen oder a geheime Sitzungen hei am Parlament misste waarden, bis mer dann Detailer vun esou Handel kréien.

Mir fannen, dass dat eent vun de wesentlechten an elementarsten demokratesche Rechter vun der Chamber beschneit. Duerfir wier ech ganz frou, wa mer mat dëser Motioun eng Majoritéit hei am Haus géife kréien, well et hei, onofhängeg vum Sujet vun deene Verträge, ëm déi et hei geet, ëm en elementaart Kontrollrecht vun der Chamber geet an doriwwer eraus och nach ëm d'Informationsrecht vun de Bierger a Biergerinnen!

Mir hunn de Moien iwwert d'Klimapartenariat geschwat. Mir hunn eis alleguete gesot, dass d'Abannung vun der Populatioun, d'Thematisierung vun deem Sujet dobaussen an der Populatioun ganz wichteg ass. Dann ass et och net nëmmen dat verdammtent Recht vun engem Deputéierten ze wëssen, wat dann elo den Emissionshandel eis kascht a wat d'Regierung an d'Lëtzeburger Land an Zukunft musse virgesinn, fir do ze kafen, mä och der Populatioun hiert. An duerfir wiere mer ganz frou, wa mer eng Majoritéit fir dës Motioun hei kéinte kréien.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gira. An als éischte Riedner ass den Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

*Discussion générale*

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Jo, Här President, léif Kolleginnen a Kolleegen, also ech mengen, den Här Gira huet et elo gesot: Mir bräichten honnert Prozent Transparenz an deem dote Punkt.

Also, mir kommen net derlaanscht, Emissionswäerter ze kafen; dat weess jiddwereen. D'Ursaache kenne mer och. Mä ech mengen, et ass kloer, dass mir da Rechter hu fir déi, déi kafen, mä et ass awer och ganz kloer, dass deejéinege Rechter huet, dee se verkeeft. An dee wëllt net, dass déi Präisser bekannt ginn.

Et ass jo awer net esou, wéi wann dat elo alles géif - well hei en Teppech läit, schwätzen ech dann elo vum Teppech - ënnert den Teppech gekiert ginn.

(*Interruption*)

Mä et ass jo awer esou, dass de Minister an der Kommission déi Chiffere genannt huet, mä dass et awer och net gutt ass - an dat géif de Präis jo nach ëmmer méi an d'Luucht driewen -, wa mer all Keier géifen driwwer diskutéieren, wat genau wie wou bezuelt huet, fir déi Emissionsrechter ze kréien.

(*Interruption*)

Dat soll an der Kommission geschéien. A mir sollen a mir hunn och dat Vertrauen an d'Regierung, dass si dat Beschtméiglecht mécht an dass mer net kënschtlech derzou bäidroen, dass d'Präisser nach méi wäerten an d'Luucht goen. Well jo automatesch no Fukushima d'Emissionswäerter nach méi wäerten an d'Luucht goen, de Präis dervun; dass mir net och nach solle kënschtlech mat derzou bäidroen, dass déi Präisser nach méi an d'Luucht gedriwwen ginn.

Dofir si mir als CSV-Fraktioun mat Ärer Motioun net averstanen a mir wäerten dergéint stëmmen.